



gänzen. Dat Geléiert soll esou widderholl a gefestegt ginn. Well mer eng ëmmer méi diversifizéiert Populatioun hunn, geet et drëm, fir d'Bildung ze individualiséieren a grad op spezifesch Bedierfnesser anzegoen. Deemno: ënnerschiddlech Methoden an Instrumenter fir ënnerschiddlech Schüler. Dann ergëtt d'Digitalisatioun an der Schoul Sënn. Da verstärkt si d'Chancen, fir besser ze léieren.

Letztlech geet et jo drëm, fir déi Jonk fir d'Gesellschaft a fir d'Aarbechtswelt ze preparéieren. Ech denken do un Initiative wéi zum Beispill Digital*4*Education, déi sech ronderëm fënnf Achsen dréit:

- den Digital Citizen, wou et ëm de responsabelen Émgang mat deem Digitale geet, denke mer un administrativ Demarchen, un E-Banking an E-Commerce,

- dann den Digital Peer, wou et ëm d'Sécherheet am Netz geet,

- den Digital Learner, wou dat numeresch Potenzial am Léierprozess vun deene Jonke sënnvoll a verdéiwend agesat gëtt. Hei ass d'Applikatioun MathemaTIC - TIC hanne mat T-I-C en majuscules geschriwwen - e pertinent Beispill,

- den Digital Worker, wou déi Jonk geléiert ginn, komplex Problemer mat Hëllef vun der moderner Technologie ze léisen,

- an zum Schluss den Digital Entrepreneur, mat Hëllef vun deem d'Innovatioun an déi kreativ Capacitéiten ugereegt solle ginn.

Gläichzäitig heescht et och, d'Risiken ze géieréieren. Ech denken do, wéi gesot, virun allem un de Cybermobbing an un d'Sécherheet am Netz.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, um Enn vu mengem Rapport ass et mer e perséinlecht Uleies, fir all deene gesellschaftleche Kräften, den Institutiounen an der Zivillgesellschaft souwéi och der parlamentarescher Oppositioun e grouse Merci ze soe fir hiert Matschaffen, hir Kriticken a Suggestiounen, déi si am Virfeld vum Debat iwwert dëse Statsbudget formuléiert hunn. An enger lieweger Demokratie ass et nëmmen normal, datt all d'Forces vives zu Wuert kommen an hir Meenung abréngen, wann et ëm esou en ëmfaassend an deiert Gesetz geet wéi de Statsbudget, well mam Vott vum Budget façonnéiere mer Joer fir Joer e Stéck Zukunft vum Land. Mir solle jo d'Jalonen am Interessi vum Allgemengwuel setzen.

E besonnesche Merci geet dofir un all déi Beamten aus der Regierungsverwaltung, déi eis an der Finanz- a Budgetskommissioun Ried an Antwort stoungen. Si haten et net ëmmer einfach mat eis, mä duerch déi vill kritesch a pertinent Froen ass et eis dach awer geleeëntlech méiglech ginn, viles méi kloer ze verstoen. A bei kriddlegen Themen ass eis dann och eng Späicherlicht opgaangen.

Merci och menge parlamentaresche Beroder, dem Gene Kasel an dem Yan Sales, déi mech mat vill Fläiss an Zouverlässigkeet a menger Aarbecht ënnerstëtzt hunn. Och dem Finanzminister Pierre Gramegna an de Kolleeginnen a Kolleegen aus der Finanzkommissioun e grousen Dank fir den Austausch. Zu gudder Lescht der Madame Caroline Guezennec e grouse Merci fir déi beandrockend Schreifaarbecht, déi si gelescht huet.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, 2018 ass dat éischt Joer no der Finanzkris vu September 2008, wou mer nees en Iwwerschoss am Zentralstat wäerte schreiwen. Dat ass e Lichtbléck. E weist eis, datt mer ëmmer virsiichteg musse sinn an datt mer och hei zu Lëtzebuerg nimmoos de Sënn fir d'Realitéit an déi materiell Suerge vun de Leit dierfen aus dem Bléck verléieren.

Als Parlamentarier hu mir eng Verantwortung fir d'Wuel vu Land a Leit. Eng besonnesch Verantwortung hu mir awer géintiwwer deene jéngere Generatiounen an deenen, déi no eis kommen. Dofir musse mer investéieren, fir datt Lëtzebuerg en attraktiven an nohaltege orientéierte Standuert bleift. Dës Investissementer maache Sënn a si garantéieren d'Recetté vun der Zukunft.

Et kéint ee sech et jo einfach maachen an eng hallef Milliard manner investéieren, da géife mer eng schwaarz Null schreiwen. Déi historesch niddreg Zënssätz sollen awer der Regierung no genotzt ginn, fir haut déi Investissementer ze tätigen, déi mer brauchen, fir eist Land aus den Enkpäss vun engem net ëmmer nohaltege Wuesstum erauszeféieren.

Déi jénger Generatiounen wäerte mat sëllegen Erausforderung konfrontéiert ginn, wann een nëmmen un Theme wéi Logement, Digitaliséierung oder Klimawandel denkt. 20 % vun den Investissementer an deem Budget si fir ëmweltpolitesch Moossname reservéiert. Lëtzebuerg wäert sécherlech domat d'Welt net retten; ma et ass awer eis Pflicht, haut dat ze maachen, wat an eiser Muecht steet. Mir sollen haut net déi sinn, déi iwwermuer gesot kréien: „A wou waart Dir dann? Wat hutt Dir dann ënnerholl, wéi eise Planéit an de Schweess geroden ass? Musse mir haut fir Är Indifferenz, Är Gläichgültigkeet vun deemools bezuelen?“

Neen, dat wëlle mer net gesot kréien, kee vun eis heibannen! An dofir muss een dëse Statsbudget och a besonnesch am Licht vun der Nohaltegkeet analyséieren. Well mir hunn nëmmen eng Aerd an eng Natur. Mir sinn op engem Punkt ukomm, wou mer op deem Feld Faarf bekenne mussen.

Ech wéilt dofir mat engem Zitat vum englesche Statsmann, Naturwëssenschaftler a Schrëftsteller Francis Bacon schléissen. Hien huet eemol treffend gesot - ech zitéieren e fräi op Lëtzebuergesch -: „Mir kënnen d'Natur nëmmen doduerch beherrschen, andeems mer eis hire Gesetzter ënnerwerfen.“

Dëse weise Wierder wéilt ech näischt méi bäifügen, ausser datt ech lech alleguer Merci soe fir Är Opmierksamkeet an Är Gedold.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmoos, Här Bauler. Ech ginn Akt vun der Deklaratioun vum Budgetsrapporteur, dem honorablem Här André Bauler.

5. 7450 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2019 et modifiant :

1° le Code de la sécurité sociale ;

2° le Code du travail ;

3° la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 (« Abgabenordnung ») ;

4° la loi modifiée du 30 juin 1947 portant organisation du Corps diplomatique ;

5° la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;

6° la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;

7° la loi modifiée du 10 décembre 1998 portant création de l'établissement public dénommé « Fonds d'assainissement de la Cité Syrdall » ;

8° la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État ;

9° la loi modifiée du 24 décembre 1999 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2000 ;

10° la loi modifiée du 22 décembre 2006 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2007 ;

11° la loi modifiée du 14 décembre 2016 portant création d'un Fonds de dotation globale des communes (suite)

7451 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2018-2022 (suite)

et

Programme de stabilité et de croissance (PSC) et Programme national de réforme (PNR)

Mir héieren elo den Exposé vum Här Finanzminister Pierre Gramegna iwwert de Statsbudget fir d'Joer 2019 an iwwert déi finanziell Programmation fir d'Joren 2018 bis 2022 souwéi och d'Presentatioun vum Stabilitéits- a Wuesstumsprogramm PSC. Här Finanzminister, Dir hutt d'Wuert.

Exposé relatif aux projets de loi 7450 et 7451 et présentation du Programme de stabilité et de croissance par M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Här President, Här Premierminister, léif Regierungskolleegen, Dir Dammen an Dir Härren Deputéiert, ech ka meng Ried iwwert de Budget haut net ufänken ouni e Gedanken un de verstuerwene Grand-Duc Jean, deem säin Ambassadeur ech laang Joren a Japan war, an ouni natierlech mäin déifst Bäileed un d'groussherzoglech Famill auszesprechen.

De Budget 2019, deem haut hei vun lech debattéiert gëtt, ass deem éischten, deem d'Markenzeche vun der Regierung Bettel 2 dréit, där Regierung, déi aus de Wahlen vum leschten Oktober erauskomm ass. Dofir war d'Aarbecht vum Rapporteur André Bauler ganz wichteg an och eng Erausforderung.

Ech soen dofir dem Rapporteur villmoos Merci fir seng Aarbechten, fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport a fir déi vill Recommandatiounen, déi e gemaach huet an op déi ech och wäert am Laf vu menger Ried agoen. Ganz allgemeng wëll ech soen, dass ech net wäert op alleguerten d'Punkte vun dësem Budget zréckkommen, well ech dat jo schonn a menger Ried vum März gemaach hat, mä nëmmen déi wichtegst Punkten hei wéilt erausschelen.

Ech wäert och déi wichtegst Konklusiounen aus dem Stabilitéitsprogramm „Pacte de stabilité et de croissance“ an dëser Presentatioun matabauen. Mäin Exposé presentéiert sech a véier Deeler. Fir d'Éischt maachen ech e Rappel vum ekonomeschen Émfeld. Zweetens wäert ech dann déi grouss Linne vum Budget ënnersträichen an, den drëtten Punkt, eng Vue d'ensemble maachen, an zum Ofschloss kucken, wéi mer dannd sti par rapport zu den europäesche Kritären.

D'Lëtzeburger Wirtschaft ass déi lescht fënnf Joer an der Moyenne ëm 3 % gewuess. Si ass nom Statec och an deene Paragë fir déi nächst Joren, an zwar 3 % fir d'Joer 2019 an 3,8 % fir d'Joer 2020. An de Joren 2021 géifen et 3,5 % ginn an 2022 3 %.

Wéi all Joers huet de Finanzministère d'Zuele vum Statec geholl, wéi se sinn. An ech rappeléieren, dass dat och esou vun Europa virgesinn ass an dass de Statec eng onofhängeg Institutioun ass.

Nun ass et awer all Joers, mengen ech, eng sportlech Aktivitéit vu villen Akteuren, déi en Avis iwwert de Budget schreiwen, fir dës Prognosen als entweder ze vill pessimistesche oder ze vill optimistesche duerstellen. Dat war och erëm eng Kéier dëst Joer de Fall bei der Cour des comptes, bei der Banque centrale oder bei der Chambre de Commerce.

Nun ass et awer wichteg, mengen ech, dass ee sech e bësse mat där Saach ausermeesetzt. Ech war déi lescht Wochen um Fonds monétaire international an op der Weltbank. An ech kann lech confirméieren, dass déi Sujeten, déi ech schonn am März hei evoquéiert hat, op déi ee muss oppassen an déi Risiken duerstelle fir eis Wirtschaft, grad déi sinn effektiv, iwwert déi sech och den FMI an d'Banque mondiale Suerge maachen.

Wat fir eng Risike sinn dat? Den Impakt vun engem Brexit ouni Accord, den Handelskonflikt tëschent China an Amerika an tëschent Amerika an Europa, de Protektionismus, dee ronderëm d'ganz Welt ëmmer méi Amateure fënnt, d'Evolutioun vun de Boursen, déi an de leschte Méint ganz volatil sinn, oder d'Entwécklung vun den Zësen.

Déi richteg Fro ass en fait: Wivill Spillraum hu mer an deem Budget? An dofir hu mer eis Spezialiste gefrot, am Kader vum Pacte de stabilité et de croissance Zeenariolen duerchrechnen, fir ze kucken, wat da géif geschéien, an där éischter Hypothees, wann de Brexit ouni Accord géif geschéien op där enger Säit an den Handelskrich tëschent Amerika an deenen anere Länner géif ausbriechen, wat wier dann den Effet op eis Wirtschaft zu Lëtzebuerg. Eh bien, da géif d'Croissance amplaz 3 %, 1,7 % erofgoen, da wär se nach 1,3 %. Dat hätt natierlech en Impakt, an eis Schold géif op 20,9 % eropgoen am Joer 2023 amplaz dat, wat elo virgesinn ass, 17,3 %.

Et gouf och ausgerechent, wat géif geschéien, wann een an engem Zeenario - deen de Moment net vill Experte virgesinn - vu méi héijen Zënse wier, wat dann den Impakt wär. Eh bien, deen Impakt wär relativ méi kleng an hätt nëmmen en Impakt vun 0,2 % op eiser Croissance an eis Schold wär 17,9 % 2023 amplaz 17,3 % an de Chômage géif weider ënner 5 % bleiwen.

Dir gesitt also, dass déi zwee Zeenariolen gekuckt gi sinn an een en fait relativ berouegt.

Elo kann een awer net just pessimistesche an d'Landschaft kucken, mä et kann een och positiv Zeenariolen ausrechnen. Dat hu mer och gemaach. Wann elo en Accord mat Groussbritannien fonnt gëtt, wann d'Zësen niddreg bleiwen, jo, dann huet dat e positiven Effet vun 0,4 % op eise Wuesstum. An dat hätt dann als Resultat, dass bis 2023 eis Schold manner wéi 15 % vum PIB, vun eisem Räichtum wier.

Dir gesitt also, dass déi zwee Zeenariolen, déi negativ an déi positiv, zwar en Impakt hunn, mä mir mengen, dass dat, wat mir als Hypothese geholl hunn, dat, wat de Statec ausgerechent huet, dee virsiichtegen an de realistesch Mëttelwee duerstellt.

Et muss een och ënnersträichen, dass Lëtzebuerg eng oppe Wirtschaft an e klengt Land ass an dass dofir international Schwankungen méi Effet hu wéi bei anere Länner. Dat huet och de Conseil national des finances publiques a sengem Avis ënnerstrach an op déi methodologesch Problemer higewisen, déi et do gëtt. Ech kann lech soen, dass de Statec sech däers bewosst ass an amgaangen ass, op deenen Analysen ze schaffen.

Op där anerer Säit, well eis Wirtschaft och esou oppen ass, besteet zu Lëtzebuerg keng 100%eg Korrelatioun tëschent der Entwécklung vum Wuesstum op där enger Säit an der Entwécklung vun de Recetté vum Stat. E gutt Beispill dofir ass d'Joer 2017 gewiescht. Do hat de Statec näamlech d'Croissancezifferen ëm 0,8 % erofgeschrauft, vun 2,3 % op 1,5 %, an trotzdem sinn 2017 d'Recetté 5 % eropgaangen. Och 2018 hu mer eng äänlech Evolutioun gesinn.

An ech kann lech och soen, wann ech déi provisoersch Zuelen - ech ënnersträichen: provisoersch Zuelen! - vum éischten Trimester kucke vun de Recetten, da gesäit een, dass mer de Moment nach eng méi staark Progressioun hu wéi dat, wat mir an eise virsiichtegen Hypotheesen ugeholl hunn.

Mir hunn also eng virsiichteg Approche gehat, an dat confirméiert och d'Kommissioun. Déi seet an hirer Analys näamlech, dass d'Zuele vun der Regierung virsiichteg sinn, op Englesch “rather conservative assumptions about the elasticity of revenues”.

Anescht wéi d'Kommissioun schéngen d'Zentralbank an eng Rei vun de Chambre professionellen d'Tendenz ze hunn, d'Glas éischter hallef eidel ze gesi wéi hallef voll, besonnesch am Hibleck wat d'Entwécklung vun dëse Steuerrecetten ubelaangt.

Mä et ass esou, dass d'Changementer um europäeschen internationalen Niveau, wat d'Steierlandschaft ubelaangt, net nëmmen negativ Konsequenzen hunn. A mir participéieren och als Lëtzebuerg proaktiv bei deenen Diskussiounen, sinn do also en aktive Verhandlungspartner, wou mer eis Interête verteidegen, awer och konstruktiv no Léisunge sichen.

D'Zäiten, an deenen d'Politik bei ons am Land war, just esou laang wéi méiglech ze blockéieren, sinn definitiv eriwuer. Dofir brénge mer et och fäerdeg, déi Changementer, déi kommen, proaktiv ze begleeten. A mir gesinn dat am Kontext BEPS. Et stëmmt: Eng Rei vun Entreprises hu bei eis hir Dieren, oder besser gesot, hir Bréifkëschen zougemaach. Mä mir gesinn awer och anerer, déi hir Präsenz an hir Substanz hei zu Lëtzebuerg verstärkt hunn. An de Kontext vum Brexit huet gewisen, dass Lëtzebuerg en attraktiven a kredibelen Standuert ass.

Déiselwecht Entwécklung stelle mer bei der Steuerreform vun 2017 fest. Am Virfeld gouf et vill Polemik driwwer, dass de Finanzminister den Impakt vun de Steuerreduktiounen ze niddreg ageschat hätt. D'Realitéit huet awer gewisen, dass d'Regierung richteglouch, well den Impakt vu méi niddrege Steieren de Konsum no uewe gedriwwen huet an d'Kompetitivitéit vun den Entreprises gestärkt huet an doduerch den Nettoeffet vun der Steuerreform ganz no bei de Resultater war, déi d'Regierung virgesinn hat.

Datselwecht wäerte mer eiser Meenung no am Joer 2019 feststellen, wou mer jo och eng Reduktioun vun 1 % vun der Kierperschaftssteuer virgesinn. A mir wäerten och do deen Impakt, den Nettoimpakt feststelle kënnen, dass et also do net nëmmen no ënne geet, mä och no uewe ka goen.

Et ass och esou virgesinn am PSC, dass mer laangfristeg Recetté vu 45 % bis 46 % vum PIB géifen erakréien.

Am Kontext vun deem, wat ech vun de Recetté gesot hunn, wëll ech da soen, dass ech d'Analyse an d'Pisten, déi de Rapporteur an deem Beräich gemaach huet, ganz gutt fannen an dass ech och wäert d'Stärkung vun den Effekter vun der Steierverwaltung op där enger Säit (veuillez lire : op där enger Säit virundreiwen) an och hir Capacité d'analyse économique an Zukunft stäerken. Mir brauchen dat an enger Welt, wou d'Steierlandschaft esou séier changéiert.

Mäin zweete Punkt sinn dann déi grouss Linne vum Budget. Ech hat dat am März mat dräi Akzenter ënnerluecht. Dat hei ass e Budget vun der sozialer Kohäsioun a Gerechtegkeet zum engem, vun der Kompetitivitéit zum zweeten a vun der Nohaltegkeet zum drëtten.

Zum éischten Punkt: sozial Kohäsioun a Gerechtegkeet.



Dëse Budget ass een, wou bal d'Halschent vun den Depensen am Domaine social sinn. Et ass also e soziale Budget. An dem Avis vun der Chambre des Métiers steet, dass dat ze vill e groussen Deel wier. Ech deelen déi Meenung net. D'Regierung deelt dës Meenung och net. Au contraire: Mir sinn der Meenung, dass de soziale Fridden, dee mir zu Lëtzebuerg hunn, d'Kompetitivitéit vum Land stäerkt an domat och d'Entreprises. An deem Sënn weist d'Zentralbank och an hirem Avis interessanterweis dorop hin, dass Lëtzebuerg am Verglach mat anere Länner mat deem soziale Fridde besser duerch d'Kris komm ass wéi aner.

D'Mesure phare vun dësem Budget 2019 ass natierlech d'Augmentatioun vum Mindestloun ëm 100 Euro netto pro Mount, an dat réckwierkend op den 1. Januar 2019.

D'Chambre de Commerce bedauert dës Hausse vum Mindestloun. Si gebraucht op Franséisch d'Wierder „regrette profondément“, well d'Entreprises domadder en Deel dovunner matdroen an dofir dann och impaktéiert sinn an hir Kompetitivitéit domat belascht gëtt. Dobäi wëll ech awer ënnersträichen, dass de gréissten Deel vum Käschtepunkt vun der Augmentatioun vun 100 Euro netto net vun den Entreprises gedroen ass, mä vum Stat, do-duerch, dass mer e Crédit d'impôt salaire social minimum agefouert hunn.

D'Chambre des Salariés op hirer Säit huet fonnt, dass effektiv de Stat ze vill vun där Augmentatioun dréit an dass d'Entreprises hätte misse méi e groussen Deel droen. Ech mengen, och hei hu mer e gesonde Mëttelwee fonnt.

D'Zentralbank ënnersträicht ënner anere och, dass de Stat indirekt iwwert d'Cotisatiounen 3,5 Milliounen méi Recettë wäert erakréien duerch dës Augmentatioun vum Mindestloun.

Nach am Domän vun der sozialer Kohäsion a vun der Gerechtegheet sinn ech frou, dass allequerten d'Akteuren d'Baisse vun der TVA op den Hygiënesproduiten op 3 % begréisst hunn.

Zum Thema Kompetitivitéit: Op den 1. Januar 2019 geet d'Kierperschaftssteuer fir d'Entreprises vun 18 % op 17 % erof. Dat steet an dësem Budgetsprojéit. Gläichzäitig geet de Montant, wou de reduzierten Taux vu 15 % spilt, erop vu 25.000 Euro op 175.000 Euro. Ech freeë mech, dass och d'Chambre des Salariés dës zweef Mesure begréisst, well se natierlech gutt ass fir d'Start-uppen a fir d'PMEn.

Wat d'Baisse vun der Kierperschaftssteuer ubelaangt, huet d'Chambre de Commerce gesot, dass dat zwar géif an déi richteg Richtung goen, dass et awer net géif duergoen an dass aner Mesurë misste geholl ginn. A si proposéiert der zwou, an zwar d'Ofschaf vum Impôt sur la fortune an d'Ofschaf vum Retenue à la source op den Dividenden. Déi zwou Mesurë géife ronn eng Milliard Euro kaschten oder eng Milliard Euro Déchet fiscal duerstellen.

Et muss een der Chambre de Commerce gutt-halen, dass si eng Rei Mesurë proposéiert, fir dësen Ausfall ze kompenséieren. Ech zitieren der e puer: Zum Beispill, dass ee misst bei der Halschent vun de Leit, déi beim Stat schaffen, den 13. Mount sträichen oder bei den 165.000 Pensionéierten d'Allocation de fin d'année kieren. Dat ass net eng Politik, déi dës Regierung géif maachen! Als Finanzminister akzeptéieren ech net, dass déi eng géint déi aner ausgespillt ginn, dass d'Stëit géife méi belascht ginn, fir dass d'Entreprises kéinte méi entlaascht ginn.

Ech wäert och an Zukunft derfir surgen, dass jiddweree säi faire Bäitrag dréit, a wann Entlaaschtunge kommen, dass se gerecht verdeelt ginn tëschent de Personnes physiques an den Entreprises.

Zum Thema Kompetitivitéit e Wuert: Digitalisatioun. Do begrëssen ech ausdrécklech déi vill Virschléi, déi de Rapporteur presentéiert huet an op déi ech och wäert am Laf vun der Legislaturperiod agoen, well dat ass eng absolutt Prioritéit. Net nëmmen d'Digitalisatioun vun der Finanzplaz, wou et natierlech ganz flagrant ass, mä op der ganzer Ekonomie. Ech kann lech soen, ech war virun zwou Wochen zu San Francisco an de Silicon Valley an e bësse virdrun och an Israel, an ech konnt feststellen, dass mer zu Lëtzebuerg gutt preparéiert sinn an um richtige Wee sinn, wat d'FinTechen ubelaangt, an dass mer do a verschiddenen Domäne Virreider sinn. Mir kënnen natierlech op Plaze wéi San Francisco an an Israel villes léieren, ënner anere an der Cybersécurité, a mir wäerten dat natierlech gutt kucken.

Esou wéi d'Cofibu dat an hirem Rapport freet, wäert ech dann dee Sujet, wéi gesot, mat lech déi nächste Jore beschwätzen. An ech hunn och den Haut comité de la place financière an

d'Luxembourg House of FinTech agespaant, scho méi laang, fir op deene Sujete mat der Regierung ze schaffen.

De Rapport huet de grouse Meritt ze weisen, dass den Defi vun der Digitalisatioun net nëmmen een ass fir d'Wirtschaft, mä fir eis ganz Gesellschaft. An ech mengen, dass mer do zu Lëtzebuerg gutt opgestallt sinn, fir eis Chancen do auszunutzen, an dass d'Weihe richtig gestallt sinn.

En drëtten Punkt vun der Kompetitivitéit, an ech hunn en express ënnert den Titel gesat, ass d'Personalpolitik beim Stat. Zu enger kompetitiver Wirtschaft gehéiert och eng performant Fonction publique. Wann d'Populatioun vun engem Land wüsst, da muss een och eng Fonction publique hunn, déi wüsst, fir dass een uerdentlech Servicer kann ubidden.

Wann ee méi Kanner an der Schoul huet, da brauch een och méi Léierpersonal. Wann ee méi Awunner huet, da brauch een och méi Polizisten. Ech hunn nach ni ee begéint, e Bierger do bausse begéint, dee mer gesot hätt, dass mer Schoule missten hu mat mander Professeuren oder Klassenall ouni Professeuren, oder nach ni Leit begéint, déi mengen, mir bräichte mander Polizisten.

Wann ech elo d'Beispill vum Finanzministère huelen, ech mengen, dass dat mäi Propos hei gutt illustréiert. Dëse Moment verhandele mer zu Bréissel net mander wéi 20 Direktiven am Domän vun de Services financiers. Fir dat kënnen ze suivieren a proaktiv ze beaflossen, hunn ech an deene leschte fënnf Joer schonn de Personalbestand vum Finanzministère gestärkt. Deen ass ëm een Drëttel eropgaangen, vu 54 op 72. Mä Dir wäert jo all remarkéieren: 72 ass nach ëmmer eng ganz kleng Ziffer fir de Finanzministère vun engem Land, wat esou eng grouss Finanzplaz huet wéi Lëtzebuerg.

Trotzdem liesen ech a verschiddenen Avisen, dass d'Personalkäschte beim Stat ze séier wuessen. Ech wëllt awer dann d'Personalkäschte beim Stat an den internationale Kontext setzen. D'Fonction publique zu Lëtzebuerg wüsst mander séier wéi d'Populatioun. Eis Fonction publique, wann een déi vergläicht mat deene vun anere Länner an der OCDE, kascht 12 %, während d'Moyenne an der OCDE bei 18 % läit. An am europäesche Verglach sinn och d'Fonctionnementskäschte vum Stat zu Lëtzebuerg mat déi niddregst.

An awer fuerdert d'Chambre de Commerce, just d'Halschent vun deene Leit anzustellen, déi fir dëst Joer virgesi sinn. Mir wäerten natierlech bei eiser Propos bleiwen.

An ech wëll awer kuerz erklären, dass bei deenen Augmentatiounen, déi mer hunn, zwee Drëttel dovu virgesi si fir den Enseignement an den Encadrement vu Kanner am educativen a psychosoziale Beräich, wou mer ganz vill Besoinen hunn. Wann een op der falscher Plaz géif spueren, da muss een dat duerno deier bezuelen. De Budget vun Ministère de l'Éducation geet dofir am Joer 2019 fir d'Éischt iwwer 2,5 Milliarden Euro erop. Dat si gutt investéiert Suen! D'Kanner an d'Jugendlecher sinn d'Zukunft vu muer an d'Zukunft vun eisem Land.

Just een Drëttel oder 325 Poste si fir all déi aner Servicer vum Stat an déi 24 Ministère virgesinn. Dat schéngt mer also eng ganz verstänneg Zuel.

Drëtten Punkt: Nohaltegheet. Och do hu mer steierlech Mesurë virgesinn. Do ginn der eng Rëtsch vun allen Avisen begréisst, an zwar déi, dass mer elo op den digitale Publikatiounen 3 % virgesinn. Dofir hate mer eis an Europa geschlossen an dee Match hu mer an der Tëschenzäit gewonnen. Mir hunn och e reduzierten Taux vun 8 % op biologesche phytosanitäre Produiten am Sënn vun enger nohalteger Landwirtschaft virgesinn. Och dat gëtt iwwerall begréisst.

(M. Henri Kox prend la présidence.)

Dat, wat méi kritesch beuerteelt gëtt, ass d'Hausse vun den Akzisen op de Pétrolsproduiten, an zwar 1 Cent de Liter um Bensinn an 2 Cent de Liter um Diesel. Fir déi eng geet dat ze wäit, fir déi aner geet dat net wäit genuch. Ech wëll do ganz kloer drop hiweisen, a wellechem Kontext mer déi Saachen do maachen. An de Kontext ass e ganz kloren: dee vum Klimawandel. Erënnere mer eis un déi Dausende Jugendlecher, déi zu Lëtzebuerg an duerch ganz Europa op d'Strooss gaange sinn, fir op d'Defie vum Klima hinzeweisen. Mir kënnen d'Hänn do net an de Schouss leeën. Lëtzebuerg muss seng Ziler anhalen a Lëtzebuerg muss seng Engagementer, déi et international geholl huet, anhalen. Do-zou gehéiert natierlech och de Fait, dass mer de Verbrauch vun de Pétrolsproduiten net weider sollen encouragéieren.

D'Mesure ass dofir och ze kucken am Kontext vun all deenen anere Mesuren, déi mer am Ka-

der vum Budget geholl hunn: d'Primme fir Elektroautoen, d'Opriichte vu Borne fir dës Autoen, e besseren öffentliche Transport an Investissementen an erneierbar Energien.

„Héich Investissementen“, d'Wierder si gefall. Mir wäerten dat konsequent weiderféieren, esou wéi mer dat déi lescht fënnf Joer gemaach hunn. D'Investissementen wäerten op der ganzer Period bis 2023 iwwer 2,5 Milliarde pro Joer leien a sinn dobäi dann och iwwer 4 % vum PIB.

Verschiddener, an ënner anere d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, fannen, dass dat nach net duergeet, dass dat just géif duergoen, fir de Retard opzehuelen. Aneerer fannen och, dass misst méi investéiert ginn. D'Zentralbank weist drop hin, dass virun allem am Wunnengsbau, an den Infrastrukturen an am Klimaschutz soll méi investéiert ginn. An ech kann deem nëmmen zoustëmmen. De Budget vum Wunnengsbauministère geet 6,8 % erop. De Ministère fir d'Mobilitéit an öffentliche Aarbechte geet fir d'Éischt iwwer zwou Milliarden ewech. D'Regierung investéiert, fir d'Offer am öffentlichen Transport ze verbessern, ier en dann d'nächst Joer gratis gëtt. D'Gratuitéit geet jo awer en parallèle da mat méi Investissementen.

Wann een all d'Investissementen am Beräich vun der Émwelt a vum Klima kuckt, dann heescht dat, dass mer fir d'Joer 2018 455 Milliounen dofir investéieren. An dat si ronn 20 %. Deen Taux wäert regelméisseg eropgoe bis op 23,3 % zum Schluss vun der Période d'analyse.

Ech hu Verständnis fir déi, déi froen, dass een nach méi misst investéieren, mä Dir verstitt jo, dass ech als Finanzminister muss Fouss bei Mol halen an dass mer awer müssen e gewëssenen Equilibre am Budget hunn. An dat bréngt mech dann op d'Vue d'ensemble, den drëtten Chapitre vu menger Ried.

D'Depensé fir 2019 wäerten 19,6 Milliarden Euro an der Administration centrale duerstellen. Dat ass eng Progressioun vu 5,8 %. Iwwert déi nächst Joren ass de Rhythmus méi lues: 2020 klammen d'Depensé 4,7 %, dat Joer duerno 5,6 % an 2022 nëmmen 3,3 %.

Wéi gesäit et mat de Recetten aus? 18,9 Milliarden an der Administration centrale am Joer 2019, dat heescht, eng Hausse vun 1,6 % par rapport zum leschte Joer. Déi Joren duerno wäerten d'Recetten awer méi héich leie wéi d'Depensen, wat den Taux ubelaangt, an zwar bei 5,6 % 2020, 5,9 % 2021, 5,5 % 2022.

Firwat hu mer d'Recettë fir 2019 relativ virsiichteg ugesat? Ech muss do e bëssen zrëckkucken.

An de Joren 2014, 2015 an 2016 hu mer bei de Recetten all Kiéiers bei der Planung eng Punktlandung gemaach. 2017 an 2018 par contre waren d'Recetten däitlech méi héich wéi virgesinn. Dat kann awer net eng nei Normalitéit ginn.

Mir rechnen dofir am Joer 2019 mat Recetten, déi zwar nach ëmmer licht iwwert dem Niveau vun 2018 leien, mä iwwert d'ganz Joer gekuckt net massiv no uewe ginn. Op Basis vun den éischte provisoireschen Zuele vum éischten Trimester 2019 kann ech lech elo scho soen, dass ech awer zouversichtlech sinn, dass mer d'Previsiounen vum Budget a Saache Recettë wahrscheinlech iwwertreffe wäerten.

Wat de Sold ubelaangt, d'Administration centrale: D'Konsequenz vun deem, wat ech elo grad erkläert hunn, ass, dass d'Depensé méi séier wuesse wéi d'Recetten an dass mer also do en negative Schiéereffekt hunn, deen awer nëmmen temporär ass, wéi ech virdrun erkläert hunn. D'Resultat ass, dass mer dann en Defizit vu 650 Milliounen Euro wäerten am Zentralstat hunn.

Ech wëll dat awer och an e Kontext setzen, dass, wéi gesot, wann d'Recetten awer méi dynamesch géife sech entwéckelen, deen Defizit e gutt Stéck méi kleng kéint ginn. Esou ass et och schonn 2018 gaangen. Deemools hate mer en Defizit vu minus 890 Milliounen Euro virgesinn a mir si gelant bei engem Surplus vun 121 Milliounen Euro; dat éischt positivt Resultat säit zéng Joer bei der Administration centrale.

Vun 2020 u wäert den Defizit weider progressiv erofgoen an 2022 leie mer da ganz no beim Equilibre.

Et wär méiglech gewiescht, fir déi ganz Legislaturperiod a besonnesch fir 2019 e verschéinert Bild ze weisen an en equilibréierte Budget ze presentéieren. D'Regierung huet awer de Choix gemaach, sech plutôt virsiichteg Projéktiounen hinzeginn, d'Investissementen héich ze halen an och am soziale Beräich Verbesserungen ze maachen.

Wat fir e Bild gëtt dat an der Administration publique? An der Administration publique komme bei d'Administration centrale nach

d'Gemegefinanzen derbäi an d'Sécurité sociale. An d'Administration publique bleibt an der ganzer Legislaturperiod positiv.

Eurostat huet gëschter eng Statistik erausbruecht, déi gewisen huet, dass Lëtzebuerg 2018 deen héchsten Iwwerschoss vun der ganzer Europäescher Unioen hätt. Dësen Iwwerschoss läit dann 2019 bei 632 Milliounen oder 1 % vum PIB a geet da progressiv erop op 1,6 Milliarden oder 2,2 % vum PIB am Joer 2023. Dat ënnersträicht, dass eis Statsfinanzen an hirem Ensembl zolidd sinn.

Wat sinn dann d'Konsequenzen dovun op der Statsschold?

D'Statsschold, esou wéi se am Budget plurianuel an am Pacte de stabilité et de croissance berechent gëtt, ass dat mechanesch Resultat vum Sold vun der Administration centrale. Wann d'Administration centrale e positive Sold huet, jo, da geet d'Schold erof, a wa se en negative Sold huet, da geet d'Schold erop.

Vu dass mer 2018 awer elo en Iwwerschoss hatten, ass d'Schold 2018 an absolutten Termen erofgaangen. Mä méi wichteg ass d'Schold par rapport zum Räichtum. A wéi ech als Finanzminister 2013 ugetruede sinn, louch d'Statsschold bei 23,7 % vum PIB. 2018 läit se elo bei 21,4 %, 2019 wäert se bei 20,2 % leien a bis 2022 op 18,4 % erofgoen. Eis Statsschold geet par rapport zum Räichtum konsequent erof. Si läit och ëmmer däitlech ënnert der Limitt vun den 30 %, déi sech d'Regierung selwer ginn huet a wat jo méi eng streng ass wéi déi, déi d'Europäescher Unioen virgeschriwwen huet. De Conseil d'État begréisst dat ausdrécklech.

An an Zäite vun niddregen Zësen an an Zäiten, wou Lëtzebuerg nach ëmmer e konsolidéierten a staarken Triple-A huet, ass et och besser, sech weider ze refinanzéieren zu engem bëllegen Taux, wéi wëllen d'Schold mordicus erofzedrécken. D'Zënslascht op de Scholde geet och konsequent erof a wäert och 2019 ënnert deem vun 2018 leien.

Ronn d'Halschent vun den eelef Milliarden Schold, déi d'Regierung 2013 geierft huet, muss am Laf vun dëser Legislaturperiod refinanzéiert ginn. An ech soen der Cofibu Merci fir de Vorschlag, iwwer gréng Obligatiounen nozedenken. Mir sinn amgaangen, dat ze maachen.

Zum Ofschluss: Mir respektéieren d'europäesch Kritären, wéi gewosst. Déi europäesch Kritäre sinn do, fir laangfristeg d'Gesondheet vun de Finanzen ze sécheren. A fir dat ze moossen, muss een den Objectif à moyen terme respektéieren. Den Objectif à moyen terme, dee gëtt dann ëmgesat an de Solde structurel vun engem Land. De Solde structurel rechent och d'Effekter vum konjunkturellen Zyklus mat an an och déi exceptionnell Evenementer.

Den Objectif à moyen terme gëtt all dräi Joer nei fixéiert. Fir d'Joer 2019 ass deen Taux minus 0,5 % vum PIB. A vum nächste Joer un, fir eng Period vun dräi Joer, klëmmt en dann op plus 0,5 % vum PIB.

D'Regierung huet deen neien Taux ugeholl fir déi nächst dräi Joer, deen also dann elo am Pacte de stabilité et de croissance ageschriwwen ass. A si mécht dat äänlech wéi déi viregt Regierungen alleguerten, déi d'Proposition oder d'Rechnung vun der Kommission a Betrecht zéien, fir sech deen Objektiv ze fixéieren.

Tatsaach ass, dass de Solde structurel iwwert déi nächst Joren net nëmmen iwwert dem Objectif à moyen terme läit, mä ganz kloer driwwer wäert leien a sech op der ganzer Periode verbessere wäert. 2019 leie mer bei 0,9 %, plus 0,9 % natierlech. An 2023 wäert mer bei plus 2,2 %.

Wéi schonn déi lescht Jore léisst sech d'Regierung och e gewëssene Sputt oder eng Marge de manœuvre, fir sécher ze sinn, dass mer à tout moment dësen Objectif à moyen terme respektéieren. Souwuel de Conseil d'État wéi de Conseil national des finances publiques confirméieren, dass Lëtzebuerg alleguerten d'europäesch Kritären anhält. D'Regierung gesäit dat och esou. An d'Europäesch Kommission, déi rezent hiren Avis iwwer eise Budget ofginn huet, gesäit dat och esou: « Le Luxembourg présente une situation budgétaire saine qui respecte le volet préventif du pacte de stabilité et de croissance et [la Commission] invite les autorités à exécuter le budget. »

Deem hunn ech net vill bäizefügen. D'Kommission confirméiert dat, wat ech lech am März gesot hat. D'Weihe fir Lëtzebuerg a fir de Budget si richtig gestallt.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Henri Kox, Président de séance.** - Merci. Ech ginn Akt vun der Deklaratioun vum Här Finanzminister.



Mir héieren elo den Här Wirtschaftsminister Étienne Schneider, fir eis d'Présentatioun vum Nationale Reformprogramm PNR ze maachen.

Här Wirtschaftsminister, Dir hutt d'Wuert.

Présentation du Programme national de réforme par M. Étienne Schneider, Ministre de l'Économie

► **M. Étienne Schneider**, *Ministre de l'Économie*.- Merci, Här President. Wat de PNR ugeet, wäert ech mech kënne kuerzfaassen, well meng Virriedner, souwuel de Budgetsrapporteur wéi och de Finanzminister, hu scho ganz villes gesot, wat natierlech och de PNR direkt oder indirekt concernéiert.

Fir d'Éischt emol eng Constatatioun, wat d'Économie an der Europäescher Unioun ugeet: Mir sinn an enger rarer Period vu siwe Joer kontinuéierlecher Croissance an der Europäescher Unioun. Et ass allerdéngs esou, an ech mengen, dat ass de Bemoll, dass d'Aussichte fir d'Zukunft net gradesou roseg sinn an dass speziell och de Brexit an all déi Handelskricher, déi ronderëm Europa ugezettelt ginn, eis natierlech net wäerten hëllefen, dass déi der Europäescher Unioun, der Croissance an der Europäescher Unioun net wäerten hëllefen an natierlech dann och logescherweis der Économie, der Croissance hei zu Lëtzebuerg net onbedéngt wäerten hëllefen.

De Moment ass et allerdéngs esou, dass mer eis kënne baséieren op Chifferen à court et moyen terme, déi weiderhin éischter gutt ausgesinn. Mir hunn eng Croissance virgesi vu ronn 3 % fir 2018/2019. Mir ginn awer och fir déi Period vun 2021 bis 2023 dovunner aus, dass mer an der Moyenne eng Croissance vu ronn 3 % wäerte weiderhin hunn. Datselwecht gëllt fir d'Croissance vum Emploi, deen och an deene Joren 2018 bis 2023 wäert weider ëm ongeféier 3 % kënne klammen. An eise Chômage, wéi Der wësst, deen dréit de Moment ronderëm 5 %. An dat wäert och an deenen nächste Jore méi oder weëneger esou weidergoen.

D'Finances publiques si saines. Ech mengen, de Finanzminister huet dat ganz androcksvoll och elo nach eng Kéier ënnerstrach.

Bon, wéi gesot, d'Perspektive gesinn net onbedéngt esou gutt aus, wéi dat nach virun e puer Joer de Fall war, eben, well Lëtzebuerg natierlech och staark ofhängeg ass vun deem, wat am Ausland ronderëm eis passéiert. An d'Kommissioun remarkéiert och - an ech kommen herno nach eng Kéier drop zrëck - speziell elo fir Lëtzebuerg, dass am Privatsecteur aus hirer Vue net genuch investéiert gëtt.

Et ass esou, dass mer zwou Recommandatiounen krute fir d'Period 2018/2019. Et ass net vill Neies. Déi éischt Recommandatioun, déi geet a Richtung Taux d'emploi vun de Personnes âgées a Fiabilitéit vun eise Pensionssystem. Dat heescht, dass mer eigentlech opgefuert ginn, derfir ze suergen, dass eis Leit generell méi laang solle schaffe goe respektiv dass och eeler Leit erëm eng Kéier reintegréiert ginn an den Aarbechtsmarché, wa se eng Kéier aus gesondheetlechen oder anere Grënn fréizäiteg ausscheede respektiv wa se duerch Restrukturatiounen a Betriber ausscheeden, dass een hinnen eben hëllef, erëm an den Emploi ze kommen.

Mir hunn do eng ganz Rei Initiativen an deene leschte Jore geholl: 2016 d'Reform vum Reclassement professionnel; 2016 och d'Mise en place vum Groupe de travail pensions, dee regelméisseg kuckt, wéi eise Pensionssystem evoluéiert a wat een eventuell muss maachen, fir géigenzesteieren, wann en an déi falsch Richtung geet. Mir hunn 2017 de Regim vun der Preretraite reforméiert. Mir hunn 2017 och d'Gesetz iwwert de Chômage longue durée gemaach.

An 2018, mengen ech, ass och ee ganz wichtige Punkt den Digital Skills Bridge, wou mer speziell deene Leit hëllefen, déi eben technologesch, ech soen elo emol „iwwerholl“ sinn an net méi nokommen an hirem Job, fir eben deenen ze hëllefen, iwwer weider technologesch Formatiounen erëm eng Kéier eng Chance ze hunn, an den Aarbechtsmarché integréiert ze ginn. A mir hunn och 2018 d'Reform vun der Assurance dépendance geholl. Dat sinn alles ganz wichteg Mesuren, déi d'Regierung geholl huet am Kader vun där doter Recommandatioun vun der Kommissioun. Allerdéngs brauch dat natierlech e puer Joer, bis dat da wierklech seng Resultater weist. Mä mir ginn awer emol dovun aus, dass do villes wäert besser ginn.

Wat elo déi zweet Recommandatioun ugeet, do ass et esou, dass mer gesot kréien, mir wärend nach ze vill restriktiv, wat den Droit d'établissement ugeet respektiv wat de Secteur des services en général ugeet. An do hu mer och direkt drop reagéiert. Mir hunn eng ganz Rei Simplificatiounen virgeholl am Beräich vum Droit d'établissement, vun den Autorisations d'établissement, déi een haut awer innerhalb

vun enger Woch kritt hei zu Lëtzebuerg. A mir schaffen nach ëmmer drun, respektiv den Här Delles, dee jo elo dee Ressort iwwerholl huet, schafft nach drun, fir dat nach weider ze verbessern.

Et ass och esou, dass mer bis viru Kuerzem nach Autorisatiounen gebraucht hunn, wann ee wollt eng Grande surface zu Lëtzebuerg opmaachen; dat war och eppes, wat vun der Kommissioun kritiséiert ginn ass. Dat hu mer ofgeschaaft. Dat heescht, haut ka jiddwereen déi Form vu Geschäfte, Grande-surfaces opmaachen, wéi en dat fir richtig fënn. An da sinn et eben d'Offer an d'Demande, déi wäerten decidéieren, ob déi Persoun Succès huet oder net. An et ass net méi d'Regierung, déi decidéiert, ob et opportun ass, eng weider Grande surface ze hunn oder net.

Et ass och esou, dass mer an eise Regierungssaccord jo virgesinn hunn, dass mer den Droit d'établissement generell nach eng Kéier op de Leescht huelen an iwwerschaffen. Dat wäert och geschéien. An e leschte Punkt an deem dote Kapitel ass dee vun den Öffnungszäiten, wou Bréissel eis seet, dass mer déi zimlech rigid oder ze rigid géifen handhaben. Do wësst Der, dass mer eng Etüd maache gelooss hu vum LISER an dass den Här Delles elo ebe kuckt mat deene Responsabelen, wéi mer dann op deem dote Punkt, wat d'Öffnungszäiten ugeet, an Zukunft wäerte reagéieren.

Ech kommen dann op e Punkt zrëck, deen ech ganz am Ufank bemierkt hunn. Dat ass nämlech eng Remark och vun der Kommissioun, déi net falsch ass. Dat ass déi, dass net genuch investéiert gëtt, net genuch investéiert wuelverstanen am Privatsecteur. Ech mengen, wa mer de Lëtzeburger Stat kucken, an de Budgetsrapporteur ass drop agang, dann hu mer mat engem Invest vu ronn 4,4 % vun eise PIB respektiv méi wéi 2,5 Milliarden Euro am Joer 2019 Rekordzuelen, wat d'staatlech Investissement ugeet. Dorun hänkt et also definitiv net. Mä bei den Entreprises ass den Taux d'investissement ze geréng. An d'Kommissioun féiert dat op verschidde Problemer zrëck.

Éischtens emol mengt se, dass d'Disponibilitéit vu Logement a vun Infrastrukturen e Frein wär ebe fir weider Investitiounen vum Privatsecteur. Bon, och do muss ee soen, wann een den Accord de coalition liest, da si jo speziell an deene Beräicher extrem vill Projekte virgesinn: Infrastrukturen, do hu mer e ganze Programm lancéiert, Logementen hu mer an eise Regierungssaccord. An och déi éischt Mesuren, déi déi zoustänneg Ministesch geholl huet, ginn, mengen ech, ganz kloer an déi richteg Richtung.

Et gëtt och gesot, dass mer net genuch géifen - also net mir, mä d'Entreprises -, net genuch géifen an d'Recherche, Innovatioun investéieren. D'Kooperatioun schéint der Uni, de Centre-de-recherchen an der Économie wär nach net esou, wéi se misst sinn. A mir hätten, an dat ass allerdéngs och wouer, ëmmer méi e Problem mat Mangel u Main-d'œuvre qualifiée. Allerdéngs ass dat net just e Problem, dee mir hei zu Lëtzebuerg hunn, deen hu mer iwwerall, an dat gëtt mat Sécherheet mëttel- bis laangfristeg e gréisser Problem, net nëmme fir Lëtzebuerg, mä fir vill aner Länner an der Europäescher Unioun och.

An da gi mer natierlech och drop higewisen, dass mer nach eng ganz Rei Efforte solle maachen am Beräich vun der Digitalisierung vun eiser Économie, mä och vun eiser Gesellschaft generell. Mä, wéi gesot, d'Lëtzeburger Regierung huet eng ganz Rei Äntwerten op déi dote Froe ginn. En Deel dovun stinn elo nach am Regierungssaccord, sinn nach net ëmgesat, mä sinn awer an der Phas, fir ëmgesat ze ginn: all déi ganz „grands projets d'infrastructure“, déi decidéiert gi sinn, och d'Aidé fir d'PMEEen - Luxembourg Future Fund -, déi mer opgeluecht hunn. Den nächste Fong, dee mer wäerten opleeën zesumme mam Privatsecteur, ass de Luxembourg Space Fund. Alles Fongen, déi eben erëm eng Kéier an eis Économie sollen investéieren.

Eis Strategie, déi mer eis ginn hunn, „talent attraction and retention“, wou mer ganz enk ënner Ministère zesummeschaffen, ass fir eben ze kucken: Wéi kréie mer déi Main-d'œuvre qualifiée, déi mer brauchen, ugezunn op Lëtzebuerg? A virun allem och: Wéi hale mer se hei? An dann de Projet HPC, High Performance Computing, wou Der wësst, dass mer et fäerdegbruecht hunn als Lëtzebuerg, de Lead ze kréien, europawäit, an deem dote Projet. Eis Strategien, déi mer zesumme mat deenen anere Ministère gemaach hunn am Beräich Data Driven Economy oder Artificial Intelligence, alles dat si ganz kloer Strategien, déi mer eben hunn, fir eis Économie fit ze maachen, fir och eis weider Diversifizierung vun der Économie kënne virunzedriewen.

Ech wëll och hei vläicht just op ee Projet hiweisen, dee mer viru Kuerzem virgestallt hunn,

nämlech dee vum „driverless driving“, wou mer e gemeinsame Projet hunn, deen éischten d'ailleurs grenziwwerschneidende Projet an der Europäescher Unioun, fir eben d'Mobilitéit ouni Chauffeur kënne virunzedriewen ënner dräi Länner, Lëtzebuerg, Frankräich, Däitschland, wou mer kucken: Wou sinn déi technologesch Problemer? Wou sinn déi gesetzgeberesch Problemer? Wou sinn d'Problemer vun Assurance, déi mer hunn an deem Beräich, fir deen ebe just ze realiséieren? Alles dat, do ass Lëtzebuerg am Lead an der Europäescher Unioun.

Voilà, dann ass et esou, dass et jo nach en zweete Volet gëtt vun deem PNR, dat sinn déi Objektiv, déi mer eis ginn hu fir 2020. An 2020, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass muer! Mir haten eis do ënnert dem Titel « Croissance intelligente, durable et inclusive » eng ganz Rei Ziler ginn, déi mer sollten erreechen. A wéi all Joer maachen ech lech dann och do de Bilan, wou mer dru si mat deenen Ziler.

Wat de Volet « Croissance intelligente » ugeet, do ass et esou, dass mer natierlech erëm eng Kéier am Volet RDI - Recherche, Développement, Innovation - do e Problem hunn. Wéi ech virdru gesot hunn, mir stagnéieren do bei 1,26 % vum PIB, déi eben an RDI investéiert ginn, a mir haten eis en Zil gi vun 2,3 % bis 2,6 %. Dat ass wierklech e Problem. An do muss mer wierklech nach dru schaffen. Mä nach eng Kéier: De Problem läit haaptsächlech do, dass am Secteur privé net nogezu gëtt. Just fir lech ze soen, wat de Stat investéiert huet an RDI an deene leschte Joren, fir lech d'Evolutioun ze weisen: Am Joer 2000 waren dat grad emol 23,6 Milliounen Euro, déi mir als öffentlech Hand an RDI investéiert hunn. Haut si mer bei 368,5 Milliounen. Dat ass also enorm, wéi eng Efforte mir gemaach hunn. Mä, wéi gesot, muss och vum Secteur privé nach eppes kommen.

Den Décrochage scolaire, do ass et esou, dass mer eis en Zil ginn hunn, dass manner wéi 10 % vun de Schüler sollen hir Schoulen ofbriechen, dass mer dat müssen hikréien, dass manner wéi 10 % vun de Schüler ouni Diplom aus der Schoul kommen. Mir hunn dat Zil erreecht, mir hunn et souguer largement erreecht. Mir sinn nämlech bei 7,3 %, wat exzellent ass, zemoos wann ee gesäit, dass d'Moyenne an der Europäescher Unioun bei 10,6 % läit.

Och wat den Enseignement supérieur ugeet, hu mer eis Ziler, bon, net erreecht, mä mir sinn awer gutt. Wann ech lech soen, dass am Enseignement supérieur an der Europäescher Unioun ronn 40,5 % vun de Leit en Héichschouldiplom hunn. Hei zu Lëtzebuerg sinn dat entre-temps scho 54,7 %. Mä mir haten eis allerdéngs méi en héicht Zil nach gesat, eent vu 66 %. Do hu mer nach e bësse Wee ze goen, mä et geet awer zumindest an déi richteg Richtung.

Dann, am Volet « Croissance durable », do ass et esou, dass mer eis en Zil ginn haten, d'CO₂-Emissiounen ze reduzéieren ëm minus 20 % bis d'Joer 2020. Mir leie laut de Schätzungen, déi mer elo hunn, bei minus 17 %, déi mer wäerten erreechen. Mä op där anerer Säit hu mer awer och elo eng Rei Initiative geholl, wou mer et wäerte fäerdegbréngen, méi no nach un déi 20 % ze kommen. Ech erënneren un den Transport public, dee gratis gëtt, deen awer wäert eng Rei méi Leit motivéieren, den Auto doheem ze loossen. Un d'Elektromobilitéit wëll ech lech erënneren, och un déi Subside respektiv déi Steierreduktiounen, déi mer de Leit ginn, déi eben op Elektromobilitéit an all hire Formen zrëckgräifen.

Mä och déi Mesuren, déi mer geholl hunn, déi Centimmen un Diesel an um Bensinn: Och wann dat vu villen duergestallt gëtt, wéi wann dat Peanuts wäeren, ass et awer esou, dass et, wat d'Camionneuren aus der Belsch ugeet, natierlech dozou féiert, dass do ganz vill manner wäert zu Lëtzebuerg getankt ginn an dass domadder och eis CO₂-Bilanz sech zumindest an deem Punkt wäert kënne verbessern.

Bei den erneierbaren Energien hate mer eis en Zil gi vun 11 % bis d'Joer 2020. Dat Zil wäerte mer och erreechen. A bei der Energieeffizienz, do si mer och um gudde Wee, fir eist Zil vu minus 4,2 Mt equivalent Pétrol, fir déi anzespuere bis 2020.

D'« Croissance inclusive », do sinn och zwee grouss Sujeten. Deen éischten ass dee vum Taux d'emploi. Et ass esou, dass mer no un deem sinn de Moment, wat an der Europäescher Unioun d'Moyenne ass vum Taux d'emploi, mir sinn nämlech bei 72,2 % vun eiser Populatioun, déi aktiv am Berufsliewen nach stinn. Mä mir haten eis en Zil gi vun 73 %. Mir leien also net méi ganz wäit dovun ewech, 0,8 %. A mir wäerten, hoffe mer, mat deene Reformen, déi mer geholl hunn, dat och kënnen erreechen. Ech erënneren un d'Reform vum Congé parental, vum Congé de paternité,

wou mer de Leit et wëlle méi einfach maachen, fir am Beruff kënnen ze bleiwen an net d'Déci-sioun ze huelen, opzehale mat schaffen, wa se bis Kanner hunn. Dat wäert also och e positiven Effet op eisen Taux d'emploi hunn.

Op där anerer Säit ass et esou, dass mer e ganz wichtige Programm lancéiert hunn tëschen der ADEM an der UEL. Dee Programm heescht « Entreprises, partenaires pour l'emploi », wou et drëm geet, och eben iwwer Formation continue, Formation professionnelle continue méi Leit erëm am Aarbechtsliewen ze hale respektiv an d'Aarbechtsliewen ze kréien.

Deen anere Volet, wat d'« Croissance inclusive » ugeet, ass de Risque de pauvreté. De Risque de pauvreté, wou mer gesinn, dass mat villen Efforten, déi mer an deene leschte fënnf Joer scho geholl hunn, awer d'Situatioun esou ass, dass se sech net onbedéngt an déi richteg Richtung entwéckelt. Mir hunn de Moment en Taux d'exclusion oder e Risque de pauvreté et d'exclusion sociale - well et heescht jo net, dass een et d'office ass, mä et ass e Risiko do - vun 21,5 % vun eiser Populatioun. Dat ass manner wéi den EU-Duerchschnitt, mä et ass awer net zefriddestellend fir e Land wéi Lëtzebuerg.

Dofir hu mer an der leschter Legislatur eng ganz Rei Mesurë geholl, ënner anerem iwwert déi lescht Steuerreform, fir ënner anerem deene Leit, déi am vulnerabelste sinn, fir an d'Pauvretéit ze falen, wéi zum Beispill d'Monoparentalen, fir deenen hir Situatioun ze verbessern. Dofir hu mer och an dëser Regierung elo jo schon d'Jalone gesat, fir eben och genee bei deene Leit, deenen et am mannst gutt geet, eng Hand mat unzepaken. De Revenu d'inclusion sociale ass agefouert ginn, mä virun allem dee Vott, deen dozou féiert, dass de Mindestloun fir d'Leit ëm netto ronn 100 Euro an d'Luucht geet, wäert eis hei natierlech e gutt Stéck no vir bréngen.

An och d'Allocation de vie chère, doru wëll ech nach eng Kéier erënneren, ass éischtens emol verlängert ginn, mä och verbessert ginn a méi breet opgestallt ginn an hirer Applikatioun. An och hei hu mer an eise Regierungssaccord nach eng Kéier virgesinn, dass mer, wa mer eng nächst Steuerreform maachen, och do nach eng Kéier eng vun eise Prioritéiten eben do robber setzen, fir deene Leit, deenen et am mannst gutt geet hei am Land, ze hëllefen, och iwwer eng weider Steuerreform dann hir Situatioun kënnen ze verbessern.

Voilà, dat am Résumé als Äntwert oder als Résumé iwwert d'Situatioun no engem weidere Joer an deem dote Kader. Mä, wéi gesot, 2020 ass muer an da wäerte mer d'Schlussbilanz zéien, ob mer eis Ziler erreecht hu respektiv wou mer se net erreecht hunn a firwat mer se eventuell och net erreecht hu respektiv wat mer dann och an Zukunft nach gedenken ze maachen, fir trotzdeem awer nach op déi Ziler ze kommen.

Vläicht just d'Suite vun den Aarbechten. Et ass esou, dass d'Kommissioun fir de 5. Juni hir nei Propositionen wäert maachen. Déi gi jo dann an deene verschiddene Comitées respektiv an deene verschiddene Ministerréit diskutéiert. An da muss mer jo am Budget fir 2020 och erëm eng Kéier an deem Kader eis Äntwerte ginn, eis Reaktiounen ginn op déi Recommandatiounen, déi vu Bréissel kommen. Den nächste Semestre européen gëtt jo dann am November lancéiert. An dat, wat dann elo e bësse wäert änneren, dat ass ..., oder ob eppes ännert oder net, dat hänkt dovun of, wéi déi nei Europäesch Kommissioun zesummegehallt ass an och, wéi hir Prioritéiten fir déi nächst Jore wäerte sinn. Mir kënnen op alle Fall gespaant sinn op dat, wat am November da kënnt.

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wirtschaftsminister. Ech ginn dem Här Wirtschaftsminister Akt vu senger Deklaratioun.

Mir kéimen dann elo un déi ageschriwwen Riedner. Éischt ageschriwwen Riednerin ass d'Madamm Martine Hansen. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et gi Momenter am Liewen, do schéngt d'Zäit einfach stëllzestoen. Dat ass am private Liewen esou, dat ass am Liewe vun enger Natioun esou an dat ass och an dësem Moment vun der Statstrauer ëm eise fréiere Statschef, de Grand-Duc Jean, de Fall.



De Grand-Duc Jean war net just iwwer 36 Joer eise Statschef. Neen, hie war esou eppes wéi e gudde Familljepapp vun eiser Natioun. Sengem Fils, dem Grand-Duc Henri, awer och der ganzer groussherzoglecher Famill wëll ech am Numm vun eiser Fraktioun an och a mengem perséinlechen Numm eist déif empfongntent Bäileed ausschwätzen.

Et ass elo net einfach, en Iwwergang bei de Budget ze fannen, ausser vläicht deen, datt de Grand-Duc Jean och ëmmer e grouse Verfechter vun der parlamentarescher Demokratie war. An esou wëll ech och eis Debatt vun de Mëtteg oder vun de Moie verstane wëssen, eis Budgetsdebatt, déi eben och zu eiser demokratescher, zu eiser parlamentarescher Demokratie gehéiert. A wéi de fréieren Hofmarschall Guy de Muyser de Moie bei RTL sot, war de Kapp hänke loosse fir eise Grand-Duc Jean keng Optioun.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, „Méi Wuelbefanne fir d'Leit - fir eng nei Budgetspolitik zu Lëtzebuerg“, ënnert dee Motto wëll ech meng Ried haut gäre setzen.

Viru ronn dräi Wochen, méindes um Wee vum Parking hei a mäi Büro, sinn ech engem Mann begéint, dee sichtlech frustréiert war um Wee fir op d'Aarbecht, well e sot mer einfach esou - also ech hunn de Mann net kannt, ech weess net, ob e mech kannt huet -: „Elo geet et erëm fir eng Woch an d'Hamsterrad.“

Firwat soen ech lech dat? Mä well et u sech wouer ass, an dat op verschidde Fassongen.

Fir d'Éischt emol empfanne vill Leit hir Aarbecht, awer och allgemeng hiren Alldag als Hamsterradlifen, also als en Dréien ouni erkennbare Sënn an als eng lästeg Routine, déi just dem Routerwerb déngt, déi awer meilewäit fort ass vun deem, wat d'Aarbecht eigentlech soll sinn, nämlech eng Erfëllung oder zumindest eng Beräicherung, an dat iwwert de Bankkonto eraus.

Déi ëmmer méi heefeg Fäll vu Burn-out an Depressiounen och bei eis am Land - Lëtzebuerg ass do keng Insel - sinn hei just d'Spëtz vum Aisbiereg an enger ze dacks ze kaler Gesellschaft. An och dat weist eis, datt mer an der Politik allgemeng vill méi mussen eng „Well-being“-Approche hunn. D'Wuelbefannen ass nämlech u sech de Kinnekswee eraus aus dem Hamsterrad.

Mä d'Bild vum Hamsterrad huet och eng weider Bedeitung an et huet och eng Bedeitung an eiser Lëtzeburger Politik, well dacks, an dat gëllt fir eis alleguer, si mir an der Krautmaart-Bubble gefaangen an domadder u sech an engem politeschen Hamsterrad, am Business as usual. An déi Bubble an dee Business sinn dacks ganz wäit fort vun de Leit.

Natierlech brauche mer alleguer Ritualer. Si ginn eis Sécherheet, si schafen Zesummenhalt, si stëften och Identitéit. An och mir an der Chamber brauche Ritualer. Mä grad d'Budgetsdebatt ass fir eis, grad wéi och d'Debatt iwwert d'Lag vum Land, déi jo dëst Joer eréischt am Hierscht ass, méi wéi e Krautmaart-Ritual oder eng administrativ-technesch Fluchtübung. Et ass a bleift d'Haaptgesetz vum politesche Joer, mat deem d'Chamber d'Regierung autoriséiert, oder och net, fir hir Politik a boer Mënz ëmzesetzen. Einfach nëmmen e politeschen Hamsterradlaf däerf d'Budgetsdebatt definitiv net ginn.

An eng drëtt a lescht Bedeitung kënnt der Metapher „Hamsterrad“ och makroekonomesch zou. „Gefangen im Hamsterrad“, nennt dat de Soziolog Fritz Reheis. An e schwätzt souguer vun enger „hannerhálteger Physik“, well wat ee méi séier am Rad leeft, wat d'Rad och erëm méi séier dréit, an da muss de Wuesstumshamster erëm eng Kéier méi Gas ginn, fir matzehalen. A genee déiselwecht Gefor besteet och, wann een dat makroekonomesch kuckt, bei eiser Wirtschaft als Ganzt, well déi ass och an engem risegen Hamsterrad vun enger virun allem quantitativ gekuckter Croissance vum Bruttoinlandsprodukt, vum PIB also, ënnerwee.

An aus där vermeintlech positiver Réckkoppung vun där PIB-Croissance kann awer séier en Däiwelskrees ginn, an dat iwwregens net just finanztechnesch, mä och gesamtwirtschaftlech, fiskalesch, ëmwelttechnesch, a wann een dat vun de Leit aus kuckt, och a Saache Logement, Mobilitéit, Gesondheetswiesen a virun allem och a puncto Familljepolitik.

Op déi éischtgenannten Aspekter wäert mäi Fraktiounskolleg Gilles Roth de Mëtteg agoen an op de Beräich Familljepolitik mäi Fraktiounskolleg Marc Spautz da muer de Moien.

Här President, mir wëllen als CSV-Fraktioun nämlech an dëser Budgetsdebatt dräi Schwéierpunkte setzen. Deen éischten ass déi genannte Familljepolitik, an dat am wäite Sënn. Mir denken hei net a Siloen, net a Ministèren, mä mir denke vun der Famill aus, wou mer muer als konstruktiv Oppositionspolitik en ëmfaassende Familljepackage op den Dësch vun der Chamber wäerte leeë mat konkret fënnel Gesetzespropositiounen a siwe Motiounen, an dat mat engem klore Leitmotiv: nämlech méi konkret a praktesch Fräiheet fir alleguer eis Famillje beim Choix vun hirem Familljen- a Liewensmodell. An dat net mat manner Stat bei der Ennerstützung, ganz am Géigendeel, mä awer kloer mat manner Stat beim Virschreiw vum perséinleche Liewensmodell. Loosst lech also vum Marc Spautz iwwerraschen!

(Interruption)

Eisen zweete Schwéierpunkt ass d'Opweise vun der Differenz tëschent Usproch a Wierklechkeet vun dëser Regierung, dëser Koalitioun, dëser Majoritéit. Dat wäert de Gilles Roth an engem méi kriteschen, awer ëmmer nach konstruktive Bäitrag iwwerhuelen, virun allem awer och mat villen interessanten Alternativpropositiounen.

An eisen drëtte Schwéierpunkt an och de Schwéierpunkt vu menger Ried ass nieft dem Budget u sech d'Wuelbefannen oder den „well-being“ oder Bien-être, wéi Der et och ëmmer wëllt nennen. An dat u sech net als Slogan, mä als wierklech politesch Visioun, déi an eisen Aen och misst en Afloss op de Budget hunn an och op eis Wirtschafts- a Wuesstumspolitik, déi net nëmmen däerf reng quantitativ orientéiert sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eis geet et also ëm d'Leit an hiert Wuelbefannen. Dat ass um Enn vum Dag eis Prioritéit. Am Engleschen nennt een d'Wuelbefannen „well-being“, et kënnt also vun „gutt liewen“ an och vun „gutt sinn“, iwwregens och a grad am digitalen Zäitalter. Well ech mengen, den „digital-being“ muss och een „well-being“ sinn oder ginn.

Doriwwer eraus, an dat soen eis all relevant nei Studien, ass grad dat Digitaalt och dee Beräich par excellence, dee fir qualitativen an nohaltege Wuesstum an domadder och fir eis Lëtzeburger Ökonomie prädestinéiert ass, an zwar inklusiv an net als neit digitaalt Hamsterrad. Och do si mer mat der Digitaliséierung bei engem Punkt u sech, eigentlech bei enger Hällevull vu vernetzte Punkten, déi de Rapporteur André Bauler zum Schwéierpunkt vu sengem Budgetsrapport gemaach huet. Mir begrëssen dat, och wa mer am Detail net ëmmer mat allem averstane sinn.

Mä wann ech elo beim Budgetsrapporteur sinn, esou wëll ech hei am Numm vun der CSV-Fraktioun an och a mengem perséinlechen Numm dem André Bauler villmools Merci soe fir säi ganz ausgeschaffte Budgetsrapport, an dat eben net just als Ritual, mä wierklech als bewusste Message, well de Budgetsrapport vun dësem Joer ass e Beweis fir déi sportlech - wéi hien dat nennt - „Fläissaarbecht“.

(M. André Bauler entre dans la salle plénière.)

Här Rapporteur André Bauler, ech soen lech nach eng Kéier villmools Merci am Numm vun der Fraktioun an a mengem perséinlechen Numm, wéi gesot net nëmmen als Floskel, mä dat kënnt vu ganzem Häerzen. Wéi gesot, de Budgetsrapport vun dësem Joer ass e Beweis fir déi sportlech - wéi Dir dat nennt - „Fläissaarbecht“ an och fir den Engagement vum Rapporteur. Also villmools Merci nach eemol!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Wuelbefannen ass en Element, dat sech schmäärzlech an deene ronn dausend Säite souwuel vum normale Budgetsgesetz wéi och vum Pluriannuel vermësse léisst. Mir soen als CSV ganz kloer: Wa mer wierklech eng Politik an domadder och e Budget fir d'Leit hei wëlle stëmmen, da muss mer dat änneren. Mir brauchen eng Politik an domadder e Budget, deen de Leit direkt an hirem Alldag, an hirem Famill, op hirem Aarbecht, an hirem Doheem, op hirem Wee op d'Aarbecht an och soss an hirem Zesummeliewen an eiser Gesellschaft zeguttkënnt, a virun allem eng Politik, déi d'Schéier tëschent Aarm a Räich erëm méi no beieneeféiert. A genau de Géigendeel hutt Der de Moien um Radio am Rapport vun der CSL héieren.

Mir erfannen hei d'Rad net nei. An dat ass och guer net noutwendeg. Schonns am 19. Jorhonnert hat den Thomas Jefferson d'Suerg ëm dat mënschlecht Liewen an ëm d'Gléck als Zil vun all gudder Politik genannt. Mir kënnen awer och nach vill vun den nordesche Länner léieren, och vu Kanada an och vun Neuseeland. Well grad Neuseeland geet jo dëst Joer fir d'Éischt de Wee vun engem wierklech integréierten „Well-being“-Budget. Hei huet also

ënnert dem Leadership vun der Premierministesch Jacinda Ardern d'Wuelbefannen de Wee schonn an de budgetäre Mainstream fonnt.

An och dofir plädéiere mir als CSV fir e Budget vum Zesummewuessen. An „zesummen“ am duebele Sënn: zesummen als Gesellschaft, zesummen als Ökonomie an och am Sënn vum Allgemengwuel. An dat ass definitiv - sidd mer dofir net béis! - méi wéi just Carpe diem wann d'Sonn schéngt, esou wéi eise Premier dat gesot hat.

Dat ass eis als Visioun e bëssen ze kuerz gegräff. An dofir hat ech och hei op dëser Plaz de Koalitiounsaccord als Schéiwiederpak kritiséiert. An dëse Budget, dee jo u sech soss näischt ass wéi eng budgetär Ëmsetzung vun deene sëllege Mesuren, beweist dat leider op en Neits. Et sinn ënnert dem Stréch soss näischt wéi Schéiwiederemesurë fir e Schéiwiederpak. Mä eng wierklech politesch Visioun feelt eis.

Nach muss een awer dem Minister (veuillez lire : dem Finanzminister) an dem Premier och zegutthalen, datt den Usproch een anere war an ass. Esou hat den Här Bettel de Koalitiounsaccord jo als Programm vun der Wäitsichtegkeet, der Gerechtegkeet, der Nohaltegkeet, der sozialer Kohäsioun an der Kompetitivitéit bezeecht. All dat héiert sech gutt un. Mä och hei weist eis de Budget: Dat alles ass virun allem Fassad.

A leider gouf och eis éischt Analys vum Här Gramegna senge faméise Weichstellungen an d'Zukunft och bei enger méi déif gräifender Lektür vum Budget bestätegt. Och hei sinn d'Weihe just da richtig gestallt, wann ee souwuel dat makroekonomesch wéi och dat mikroperséinlecht Hamsterrad als Selbstzweck an Ideal ugesäit.

Mä ganz sécher gi mat dësem Budget keng Weichen a Richtung nohaltegt Wuelbefanne vun de Leit gestallt! D'Regierung mécht vill méi dat, wat se am beschte kann: Si dréit mat der Gramegna-Weichstellung am Krees ronderëm sech selwer. D'Regierung ass gewëssermoossen hiert eegent Hamsterrad. Mir ënnerstellen hei keng béis Intentioun, mir stellen einfach nëmme fest.

Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen dann zum Budget selwer. An dee baséiert virun allem emol op ganz optimistesche Previsiounen. Hie baséiert sech op e prognostizéierte Wuesstum vum PIB vun 3 % fir 2019, 3,8 % fir 2020, 3,5 % fir 2021 an 3 % fir 2022. Dat erschéngt eis relativ optimistesesch. Zum Verglach: An der Eurozon leien d'Previsiounen fir 2019 bei plus 1,5 %. D'Previsiounen vun der Kommissioun fir Lëtzebuerg leie fir 2020 ëm 1,1 % méi niddreg wéi déi, op déi sech dëse Budget baséiert.

Da sinn d'Previsiounen awer net nëmme ganz optimistesesch, si sinn och nach zimlech onsécher, well de Statoc sträicht nämlech methodologesch Problemer ervir, wat d'Ofschätze vum PIB ugeet. An dofir soten och déi Verantwortlech vun der Banque centrale an der Kommissioun: „Mir schaffen op deem, wat mer hunn, mä mir wëssen net, ob dat, wat mer hunn, vill Wäert huet.“ Dat héiert sech no enger wackeleger, net ganz fiabler Affär un.

Neen, mir sollen d'Zukunft net schwärzmolen. Mir solle se awer och net einfach mam Carpe diem-Sonnebrëll kucken, well jo, souwuel de Premier wéi och de Finanzminister an och de Rapporteur hu recht, datt bis elo déi volkswirtschaftlech Rechnung nach ëmmer iergendwéi opgaangen ass. Iergendwéi! Dofir froe mer eis: Ass et wierklech klug, sech op dëst „onverschimment Gléck“, esou huet de Pierre Werner dat 1987 an engem „Land“-Interview genannt, ze verlossen? Mir mengen net.

A mir si jo och hei a gudder aktueller Gesellschaft, well dës Virsiicht a vläicht och Kritik um iwwerstrapazéierten Optimismus si jo och de Grondtenor vu quasi sämtlechen Avisen zu dësem Budget.

Leider schéngt eis och hei de Budgetsrapport e bësse verschéinerend a verklärend ze sinn. Mä ech mengen, och dat gehéiert zum Budgetsritual.

D'Chambre de Commerce huet zum Beispill an hirem Avis virgerechent, datt, wann de PIB nämlech nëmme géif ëm 2,6 % zouhuelen amplaz ëm 3 %, wat duerchaus kéint sinn, da géife mer 2022 mat enger Milliard manner Recetten dostoien.

An da muss ech awer och soen, datt mer zimlech enttäuscht sinn, datt mer d'Wirtschaftszuele vun den éischten dräi Méint vun dësem Joer net virun de Budgetsdebatten, esou wéi mer dat gefrot hunn, presentéiert kritt hunn. Mir hoffen dann elo emol, datt dës dräi Méint déi optimistesche Prognose bestätegen. Well och wann d'Wirtschaft an d'Weltpolitik ëmmer weiderdréien, esou dréie se awer vläicht aneschtens an och emol eng Kéier méi lues. Dofir ass et wichteg, sech grad an enger klenger Volkswirtschaft op de Weltmierer vun

der Weltkonjunktur net just op éiwegt Schéiwieder, wéi dat am Koalitiounsaccord vun dëser Regierung geschitt, an dëse Budget ass eng weider Illustratioun dovunner, ze verlossen.

Dofir jo, mir wëllen dat schéint Wieder vum Ament genéissen, mä mir sollen doraus keng Dugend maachen a gläichzäiteg och eist Land weider widerfest maachen. A mir müssen eise Wuesstum méi nohaltegt gestalten. Mir däerfen net just op de Sand vun der Weltkonjunktur bauen. A gläichzäiteg muss mer gewësse Risiken vun der Weltkonjunktur anticipéieren. Ech denken hei just un d'Beispill vum Brexit oder och un den Handelssträit tëschent China an den USA.

D'Statsschold an déi budgetär Ziler - och e Ritual bei der Analys vun engem Budget.

Wat d'Statsschold ugeet, esou hale mer an enger éischer Phas emol fest, datt se zumindest an absolutten Zuele klëmmt. Richtig ass awer och, datt se relativ zum PIB, well mer vun enger Steigerung vum PIB ëm 22 % an där gesamter Period ausginn, erofgeet.

2013 hate mer eng Schold vun 11 Milliarden, 2022 leie mer bei 13,2 Milliarden, 18,4 % vum PIB. Mir kënnen also festhalen, datt d'Regierung d'Scholdskritäre vu Maastricht respektéiert an och dee faméisen OMT, den Objectif budgétaire à moyen terme. Mä dat ass ongeféier esou, wéi wann ee sech mengt, wann een an der Schoul just eng Genügend geschriwwen huet. E Schold-Musterschüler ass dës Koalitioun domadder sécherlech net.

Zentral ass, datt d'Verhältnis tëschent den Investitiounen an der Schold stëmmt an datt och dës Schold rasonabel bleift, an zwar rasonabel net just no europäeschen, mä och no Lëtzeburger Normen. Well mir sinn effektiv eng kleng an duerchaus „atypesch“, esou wéi den Här Bauler dat gesot hat, Ökonomie. An ech géif och nach derbäifügen: Och eis Schold mécht ënnert dem Stréch nëmmen da Sënn, wa se konkret de Leit eppes bréngt.

Här President, ech kommen dann zum Budget u sech. An hei ass et fir eis zentral, datt en nohaltegt ass. Well ouni Nohaltegkeet kee Wuelbefannen an ouni Wuelbefannen, an dat ass jo dat, wat mer gären hätten, hu mer keng gutt Politik gemaach.

Ech fänke bei de Recetten un. An hei ginn et ganz vill Incertituden. 2018 waren d'Recetten exzeptionell héich. Am Zentralstat ass déi omnéis schwaarz Null geschriwwen ginn. Dat ass u sech eng gutt Saach, esou eng schwaarz Null, well Scholde sinn ni gutt.

(Interruption)

Nach muss ech awer soen, datt fir eis déi schwaarz Null och keen Dogma ass, grad wéi d'Maximisierung vun der PIB-Croissance kee Fetisch ass. Wichteg si fir eis, wéi gesot, d'Wuelbefannensresultater fir d'Leit.

Mä ech kommen nach eng Kéier zrëck bei déi aussergewéinlech héich Recettë vun 2018. Déi si virun allem op d'Aféierung vun der automatescher Besteuerung bei der Kierperschaftsteuer an op e massiivt Akasséiere vun den Arriären zrëckzeféieren. Mä och déi kasséiert een nëmmen eemol an. An dofir gesäit et fir 2019 schonn erëm ganz anescht aus. Fir 2019 ass dann och nëmme méi eng Steigerung vun de Recettë vun 2 % virgesinn. 2019 wäerte mer am Zentralstat dann och 650 Milliounen Defizit maachen.

Déi Joren duerno ass dann op eemol erëm eng Steigerung vun de Recettë vun an der Moyenne 5,5 % ageplangt. Duerch wat awer op eemol déi zousätzlech Steigerung vun de Recetten ab 2020 kënnt, ass leider néierens erkläert. An och dat mécht dës Previsiounen esou onsécher.

Eng Hällevull Onsécherheete schwiewen also iwwert dësem Budget, speziell och iwwert de Recetten. Ech ginn hei just op dräi Punkten an:

Éischstens, déi gréisst Inconnue: de Wuesstum, d'Konjunktur.

Zweetens, déi ugekënnegt Steierreform. Wéi eng Konsequenzen huet déi ugekënnegt Steierreform? Just nach eng Steierklass a kee verléiert? Da misst een dat an de Budgetsprevisiounen gesinn. Do mierkt een awer näischt. Oder war dat nëmmen eng Seefeblos, en eidelt Versprechen, fir Stëmmen ze sammelen virun de Wahlen? Zumindest dat géif de Pluriannuel bestätegen, an dat emol eemol mat zimlecher Certitude.

En drëtte Punkt: Wéi een Afloss huet d'Erofsetze vun der Betrëbsbesteuerung? Wéi een Afloss huet d'Erweiterung vun der Tranche, op déi den niddrege Steiersaz vu 15 % applizéiert gëtt?

Als CSV begrëisse mer dës Moosnam. Mir müssen eis Betrëber kompetitiv halen. Mir hunn dat och virun de Wahlen gesot. Ech ka mech



awer do nach ganz gutt un d'Reaktiounen vun der LSAP an deene Gréngen erënneren. An et wär schoons interessant ze héieren, wat si dann haut vun dëser Moosnam halen.

Wat awer nach ëmmer net kloer ass, dat ass d'Fro: Wéi gëtt an den nächste Joren op weider Verbreederunge vun der Base impossible reagiert? Gëtt den IRC am Sënn vun der Kompetitivitéit nach weider erofgesat an den nächste Joren? D'Betriber brauchen hei ganz einfach Kloerheet a mir als CSV hätten och gäre Kloerheet an dëse Froen.

Wéi een Afloss dës Mesuren elo op de Budget hunn, ass net genau bekannt. D'Zentralbank seet sech an hirem Avis erstaunt driwwer, datt de Budget 2019 absolutt keng Estimatioun gëtt vum Käschtepunkt vun dëse Mesuren.

Ben, de Finanzminister hat a senger Virstellung vu 50 Milliounen ab 2020 geschwat. Am Budget fanne mer déi net erëm. Hie kann eis déi da vläicht herno nach eng kéier erklären.

Dës dräi Punkten - ongewëss Wuesstumsprognosen, ugekënnegt Steuerreform, mä näischt am Budget virgesinn, Betriebsbesteuerung - sinn nëmmen dräi erausgepickte Beispiller a weisen dach, wéi vill Incertituden op der Recettësäit dëse Budget kennzeechnen. Hei kann ee scho bal soen, e Wiederbericht iwwer Wochen ass da schoons bal eng exakt Wëssenschaft dergéint.

De Budget vun den Depensen - e Spigelbild u sech vum Kouhandel Koalitiounsaccord.

Op der Depensësäit muss mer näamlech feststellen, datt et sech hei nu wierklech ëm e Fourre-tout-Budget handelt. Nach eemol: Sécherlech ginn et eng ganz Partie flott a sënnavoll Eenzelmessuren. Mä nach gesäit de Budget wierklech wéi e Sammelsurium vun Eenzelmessur virun allem vun de verschiddene Ministèren a Koalitiounspartner aus. De Kouhandel vum Koalitiounsaccord spigelt sech asoufern e bëssen am Kuddelmuddel vum Budget erëm. A beim Pluriannuel kënnt da bei de Kuddelmuddel nach derbäi, datt vill bekannt Depensen emol nach net berücksichtegt sinn.

Fir d'Joren 2020-2022 gesäit de Budget pluriannuel also net nëmmen eng méi héich an onerklärten Zounam vun de Recettë vir, wéi ech et elo grad beschriwwen hat, mä op där anerer Säit och nach eng onerklärte méi lues Steigerung vun den Depensen. Wéi och dat soll erreicht ginn, steet wahrscheinlech an de Stären, well dës Diminution ass virgesinn, éischters, trotz enger Rei vun neie Mesuren, déi d'Regierung selwer chiffréiert op 247 Milliounen fir 2019 an op 375 Milliounen fir 2022, an trotz awer enger ganzer Partie Mesuren, déi nach net chiffréiert sinn. Och hei hu mer et also mat enger gewëssener Schéimolerei ze dinn.

Richteg ass: Schwaarzmalerei ass falsch. Mä geneesou falsch ass awer och eng Schéimolerei bei den Ausgaben, well dat kann an d'A goen, souwuel am Private wéi och an der Politik.

Weider muss ee sech dann och d'Fro stellen, wat e Pluriannuel definitiv wäert ass, wa bekannt Elementer net berücksichtegt ginn. Och hei just ee Beispill: de Chèque-service. Am Moment gëtt e chiffréiert mat 421 Milliounen fir 2019. Mir hunn eng Steigerung vun 9,5 %. Hei kënnt elo eng gratis Kannerbetreuung an de Maisons relais derbäi während der Schoulzäit. Onofhängeg dovunner, wat een dovun hält, misst een awer, mengen ech, kënnen ofschätzen, wat esou eng Mesure zirka géif kaschten.

Ben, an der Finanzkommissioun hat ech den Här Gramegna gefrot, wéi dës Mesure soll ausginn a wat se géif kaschten. Hie sot mer, ech soll den zoustännige Minister froen. Ech hunn dann och den zoustännige Minister gefrot, an deem hätt mech wahrscheinlech erëm gradesou gäre bei den zoustännige Finanzminister geschéckt. Dat konnt en awer net méi maachen, du krut ech einfach keng Äntwert.

Et ka jo awer net sinn, datt een einfach emol Saachen anonncéiert - zumindest a menger Logik net -, ouni sech awer nëmmen e bësse Gedanke gemaach ze hunn, wat et kéint kaschten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech vu pluriannueller Planung schwätzen, wann ech vu Wuelbefanne schwätzen, da muss ech och de Beräich vun der Sécurité sociale uschwätzen. Déi sozial Ofsecherung ass ee wesentlechen Aspekt vum Wuelbefannen. A praktesch all Avis gëtt d'Problematisierung ernimmt, am Budgetgesetz selwer gesi mer net vill dovunner.

Ech weess, datt mat dësem Sujet keng gëlle Kou se gewonnen ass. Mä et ass awer e Fait, datt mer hei risquéieren, e gréisser Problem ze kréien. D'Zentralbank, de Conseil national des finances publiques, d'Chambre de Commerce an de Groupe de travail européen sur le vieillissement démographique bemerken alleguer, datt, wa sech näischt ännert an eiser Politik, dann trotz eise Wuesstum eis zolidd Reserv,

déi mer am Moment hunn, relativ séier opgebraucht wäert ginn a sech wäert ëmwandelen an eng galoppéierend Schold.

An enger Generatioun wäerten d'Käschte fir d'Pensiounen sech verduebelt hunn an d'Käschte vun der Assurance dépendance sech verdreifacht hunn. Et ass alles anescht wéi nohalte, fir dëse Problem einfach ze ignoréieren.

Deen, deen an der Verantwortung ass, muss och Verantwortung iwwerhuelen. Et geet, wéi gesot, net nëmmen duer mam Carpe diem.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Programmation pluriannuelle baséiert also éischters op optimistesche Wuesstumsprognosen, zweetens op onsäichere Wuesstumsprognosen, drëtzens op prognostizéierte Recetten an Depensenentwicklungen, déi net erkläert ginn, véiertens op Prognosen, déi eng Partie ugekënnegt Schéiwiedermessuren net berücksichtigen.

An anere Wieder: Dëse Budget riskéiert, op konjunkturellem Dreifsand gebaut ze sinn. An dësen Text ass alles anescht wéi nohalte. Wou den Här Bauler do deen Dugenddräieck vu wirtschaftlecher Attraktivitéit, Nohaltegkeet a sozialer Kohäsion gesäit, dat gesi mir net esou direkt. Mir jiddefalls gesinn hei éischter e Warn-dräieck fir d'Zukunft. Derbäi kënnt, datt vu Wuelbefannen emol keng Ried ass, wat engem awer muss ze denke ginn.

E bessert Wuelbefanne vun de Leit muss eist Zil sinn, muss och eist budgetäert Zil sinn. A fir et kloer ze maachen: Mir als CSV sinn net géint de klassische PIB-Wuesstum. Mä mir mussen méi op d'Qualitéit setzen an eben och grad op d'Liewensqualität vun de Leit, vun de Leit alleguer.

Mir brauchen och an Zukunft e quantitative PIB-Wuesstum. Mir brauchen och an Zukunft Recetten, fir kënnen Suen auszeginn. Dat ass evident. Mä mir gesinn de Wuesstum awer net als Selbstzweck un. Oder wéi den Tim O'Reilly sot: „Sue si wéi Bensinn am Auto. Et muss een oppassen, ëmmer genuch am Tank ze hunn. Mä een erfollegräiche Betrib oder e gutt Liewe si keng Rees duerch d'Tankstellen.“

Genuch am Tank, virun allem am Iddientank, muss och eis Ekonomie hunn. Fir eis ass d'Ekonomie dee Pilier an all Land, dee fir d'Entwicklung ausschlaggebend ass. Dofir begreisse mer och, datt zousätzlech an d'Attraktivitéitszone soll investéiert ginn, well eis kleng a mëttel Betriber sinn eist Réckgrat a brauchen déi noutwendeg Ënnerstëtzung.

Mir sollen, esou den EU-Conseil, wa mer nei Betriber unzéien, virun allem Aktivitéite mat héijer Plus-value sichen. An dës Secteure setze breet op d'Recherche an d'Innovationen. E qualitative Wuesstum erfuerdert deemno och zousätzlech Efforten an der Recherche an der Innovation an nach e bessert Zesummeschaffe vun der Fuerschung an de Betriber. Mir brauchen och méi Fuerschung am private Secteur.

Et gëllt am Allgemengen, eis Ekonomie dohinnezerbréngen, datt si sech nach weider diversifizéiert an eis mat innovativen, ressourcëschoonenden a qualitativ héichwäertege Produkter an Déngschleeschungen ofzeechent.

Zur Ekonomie gehéieren awer och vill méi buedemstänneg Wirtschaftssecteuren: eis Landwirtschaft, eise Gaardebau, eise Wäibau. An am Sënn vun der Nohaltegkeet solle mer, esou wéi an all anerem Wirtschaftsberäich och, d'Ressourcëschoonung ënnerstëtzen, d'Recherche an dësem Beräich férdere, Innovationen ënnerstëtzen, d'Regionalitéit geziilt férdere. D'Liewensméttelproduktioun ass immens wichteg fir eis.

Fir de Wuesstum anstänneg ze begleeden an och ze anticipéieren an net hannendrunzehängen, brauche mer eng performant Landesplanung. An och an dësem Punkt hat Bettel 1 séiert Handele versprochen. No engem Weekend zu Clief sollt alles geregelt sinn. Ech weess jo, datt d'Eisleker Loft gutt ass. Mä an deem Fall hat d'Regierung net nëmmen d'Wierkraaft vun där gudder Loft, mä och vu sech selwer komplett iwwerschat.

A wann ech vun „anständiger Landesplanung“ schwätzen, da gehéiert hei och d'Entwicklung vun der Nordstad derzou. An da sinn ech bei de Gemegefinanzen. Dir wësst, datt mer mat der Reform net averstane waren an och nach ëmmer net sinn, well déi flächeméisseg grouss Gemege regelrecht bei d'Lisett gelooss gi sinn. De Gilles Roth hat hei eng ganz Partie Amendementer gemaach. Hannert deene sti mir nach ëmmer 100%eg.

Elo gëtt awer am Budgetgesetz iwwert den Artikel 26 geregelt, wéi d'Dotatioun vun de Gemege no der sougenannter „population ajustée“ berechent gëtt. Wann d'Regierung um Prinzip festhält, wat se jo gemaach huet, datt all d'CDAs weinst hire regionalen Aufgaben an Ajustement kréien, dann ass et net ze verstoen,

firwat datt just Ettelbréck-Dikrech hei net berücksichtegt gëtt. De Bipôle Ettelbréck an Dikrech souwéi och Esch sinn als „CDA d'ordre moyen“ klasséiert.

An an deem Sënn deposéieren ech hei nach eemol eisen Amendement, mat deem mer eng Zwëschenetapp a Richtung Gläichbehandlung mat deem anere CDA d'ordre moyen virschloen, an zwar datt de Bipôle Ettelbréck an Dikrech zumindest d'selwecht behandelt gëtt wéi déi aner CDA-régionallen, näamlech en Ajustement vu 5 % op senger Bevëlkerung kritt. Dëst wär e kloert Zeechen, e positivt Zeeche vun der Regierung am Sënn vun enger méiglecher Fusioun an et wär net Uelech op d'Feier fir d'Fusiounsgéigner.

► **Une voix.** - Très bien !

► **Mme Martine Hansen** (CSV). - Wannech gelift!

Amendement 1

Projet de loi 7450 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2019

Amendement concernant le point 1 de l'article 26

Le point 1 de l'article 26 prend la teneur suivante :

Art. 26. Fonds de dotation globale des communes
1° L'article 3, paragraphe 2, point 2, lettre a) prend la teneur suivante :

« 82 pour cent entre les communes d'après la population ajustée, l'ajustement étant défini en fonction de critères d'aménagement du territoire et de densité et effectué avec la somme des pourcentages définis comme suit :

i) Quant aux critères d'aménagement du territoire, la population de la ville de Luxembourg est augmentée à raison de 45 pour cent, celle de la ville d'Esch-sur-Alzette à raison de 25 pour cent et celles des villes de Differdange, de Dudelange, d'Echternach, de Grevenmacher, de Remich, de Vianden et de Wiltz, de même que celle des communes de Clervaux, de Junglinster, de Mersch, de Redange-sur-Attert, de Steinfort, de Diekirch et d'Ettelbruck à raison de 5 pour cent. »

Exposé des motifs

Le programme directeur de l'aménagement du territoire de 2003 a défini un système des centres de développement et d'attraction qui distingue trois catégories : les CDA d'ordre supérieur, les CDA d'ordre moyen et les CDA régionaux.

Le noyau urbain de la « Nordstad » a été classé dans la catégorie centre de développement et d'attraction d'ordre moyen. Selon le programme directeur d'aménagement du territoire de 2003, « le territoire de la “Nordstad”, centré sur le bipôle Ettelbruck-Diekirch, est défini en tant qu'espace à développer. Le développement du territoire de la “Nordstad” devra permettre de constituer une zone urbaine multifonctionnelle, faisant office de bassin d'emplois et de services aux régions rurales limitrophes, notamment celles du nord du pays. La position géographique de la “Nordstad”, située entre les espaces ruraux nord et l'agglomération de la Ville de Luxembourg lui donne une importance stratégique fondamentale qu'il est impératif de valoriser et de renforcer, afin d'éviter une dépendance accrue des espaces ruraux du nord du pays à la région Centre. Le développement de la “Nordstad” implique une coopération plus étroite entre les communes concernées et l'État, afin de coordonner au mieux les besoins de développement, et les formes d'occupation du sol qui en découlent, avec les contraintes (par exemple les zones inondables, servitudes paysannes,...) et les potentialités (par exemple bonne accessibilité par les transports en commun) caractérisant cet espace. »

En 2006, l'État luxembourgeois avait signé la convention de la composition de la « Nordstad » avec les six communes de Bettendorf, Colmar-Berg, Ettelbruck, Erpeldange, Diekirch et Schieren. La convention actuelle (2014-2019) a été conclue par ces six communes avec le Gouvernement en date d'avril 2014. Elle constitue la base légale de la collaboration entre les communes de la « Nordstad » et l'État luxembourgeois, pour une période de cinq ans et spécifie l'attente du Gouvernement à l'égard de la « Nordstad », son importance pour le développement national et son processus d'intégration.

Depuis l'automne 2018, le projet d'une fusion de plusieurs communes de la « Nordstad », longtemps considéré comme une idée abstraite, se concrétise de plus en plus. En effet cinq des six communes se sont déclarées favorables au débat en vue d'une fusion.

Afin de promouvoir cette initiative, il est proposé de conférer aux deux plus grandes communes de la « Nordstad », à savoir les villes d'Ettelbruck et de Diekirch, le statut de centres régionaux de développement et d'attraction. Ce « coup de pouce » devra soutenir les deux communes dans leurs efforts de diversifications au niveau de l'offre scolaire, médicale, culturelle et artistique, au ni-

veau de la construction de nouveaux logements et au niveau de l'offre commerciale et de services.

Selon le programme directeur d'aménagement du territoire de 2003 les villes d'Ettelbruck et de Diekirch devraient être reconnues comme centre de développement et d'attractivité (CDA) moyen dans le contexte de la répartition des finances communales. Or, tel n'est pas le cas. La proposition susmentionnée est dès lors à considérer comme une étape intermédiaire. En effet, cette situation doit être redressée au niveau des finances communales au plus tard au moment où une fusion éventuelle des cinq communes serait devenue réalité.

(s.) Martine Hansen, Emile Eicher, Léon Gloden, Aly Kaes, Gilles Roth, Marco Schank.

► **M. Fernand Etgen**, *Président.* - Merci bien !

► **Mme Martine Hansen** (CSV). - Lëtzebuerg brauch zolidd Investissementer an Infrastrukturen, dëst souwuel am Beräich vun der Digitalisation wéi och am Beräich vun der Mobilitéit, dem Logement an esou weider. A mir därefen net vergiessen, datt och hei de Wuesstum eis am Hamsterrad lafe léisst. Mir hanken näamlech elo schoons hannendrun. Mir brauchen awer erëm Wuesstum. Dëse Wuesstum brauch erëm nei Infrastrukturen an esou weider. An ob dat, wat am Budget virgesinn ass, duergeet, ass doduerch schwéier anzeschätzen, virun allem och, well dat, wat am Budget steet, jo och nach meeschtens net komplett ëmgesat gëtt. De Gilles Roth wäert de Mëtteg nach eemol dorobber agoen.

Fir e qualitative Wuesstum, awer och fir de Bien-être brauche mer eng héichwäerteg Education. Mat dësem Budget investéiere mer vill Suen an dëse Beräich. Dat ass och gutt esou. Et geet ëm eis Zukunft. Allerdéngs huet den Här Meisch schoons vill deier Reformen duergheboxt, huet vill Gremie geschaaft, wou ee sech ka froen, wat et bruecht huet.

Mir erwaarden eis eng Evaluation vun all deene beträffende Mesuren an déi noutwendeg Upassungen am Sënn vun enger besserer Ausbildung fir eis Kanner a fir eis Jugendlech.

Zum Wuelbefanne gehéiert och bezuelbare Wunnraum. Am Géigendeel zu Bettel 2, dee virun allem op de Locatif setzt, wëlle mir eis net komplett vum Eegenheem verabschieden. Dat huet och eppes mat eiser Lëtzeburger Kultur ze dinn.

De Budget vum Logementsministère, dee geet elo fir 2019 ëm 6,8 % erop. Ass dat ee Garant, fir de Problem ze léisen? Ech mengen, éischter net!

D'Chambre des Fonctionnaires seet an hirem Avis, datt d'Regierung zwar seet, si géif d'Effort weiderféieren en matière de logement. Si seet awer och, datt se leider keng konkret an effikass Mesuren erkennt, fir géint dës desastreëss Situatioun virzegoen. Abee, mir erkennen och nach keng!

A wann d'Regierung seet, si géif d'Effort vun deene leschte Jore weiderféieren, da muss ech awer soen: Éischters geet dat net duer an zweetens ass dat net schwéier, well an deene leschte fënnef Joer si vun effentlecher Säit näamlech nëmmen ëm déi 1.500 Wunnunge gebaut ginn, an dat bei engem Zouwuess vun iwwer 50.000 Leit hei zu Lëtzebuerg. Dat ass definitiv just eng Drëps op de gliddege Steen. An och hei wäert de Gilles Roth de Mëtteg nach eng kéier mat konkrete Proposen drop agoen.

Ee weidere groussen Defi fir eist Land am Kontext vum Wuesstum, dem Wuelbefannen, ass d'Nohaltegkeet, ass de Klima, ass d'Ëmwelt. De Budget, dee fir d'Ëmwelt zur Verfügung gestallt gëtt, steigt laut Här Gramegna ëm 50 %. 20 % vun de Gesamtinvestissementer vum Stat géife fir d'Ëmwelt an de Klima agesat ginn. 2022 sollen dat 23 % sinn. Awer et ass, fir eis zumindest, net konkret erauszefannen, wou dës Investissementer solle gemaach ginn.

Fir 2030 huet Lëtzebuerg sech dann als Zil gesat, fir d'Zäregaser ëm 50 % bis 55 % ze reduzéieren. Schätzungen no wäerte mer dat gesatent Zil fir 2020 emol net erreechen. Fir 2020 huet Lëtzebuerg sech 11 % als Zil gesat fir den Undeel an erneierbaren Energien an eise Gesamtbedarf, a fir 2030 huet Lëtzebuerg sech 23 % als Zil gesat. D'Fro, déi sech awer stellt, ass: Wéi kënnen mer dës vun der Regierung selwer gesaten Ziler erreechen? Wéi kënnen mer et erreeche mat deem Wuesstum, dee mer brauchen, fir dëse Schéiwiederpak ëmzesetzen?

Äntwerten heirop krute mer nach keng. Beim Setze vun Ziler misst eng Regierung sech jo awer genausou wéi beim Annoncéiere vu Mesuren am Virfeld Gedanke maachen iwwert



d’Konsequenze vun dësen Annoncen. Ech soe jo och net, ech géif elo hei 25-mol d’Rad schloen, wann ech emol net weess, wéi ech et eemol géif schloen, hei an der Chamber. Also et misst ee jo méi virausschauend plangen!

(Interruption)

Entweder huet d’Regierung sech tatsächlech nach keng Gedanke gemaach; da ka si eis et och net soen. Dann ass et awer alles aneres wéi virausschauend Politik, dann ass et Konzeptlo-segkeet. Oder si huet et geplangt, ass awer net transparent, wat och näischt Neies wär. An do-fir hätte mer einfach gare Kloerheet.

Allgemeng muss ee soen, an ech mengen, do si mer eis alleguer eens, ass et wichteg, dat mer manner Energie verbrauchen. Dat misst dann zum Beispill och Konsequenzen op d’Standuertpolitik hunn. Awer wéi eng Standuertpolitik maache mer? Wa mer Froen zum Energieverbrauch vu Google zum Beispill stellen, da kréie mer keng zefriddestellend Äntwerten.

Ech sinn dann elo emol gespaant, ob mer Äntwerte kréien iwwert déi geplangt Holzverbrennungsanlag vu Lenzweiler, wouzou den Emile Eicher eng Question élargie ugefrot huet.

Och wat d’Elektroautoen ugeet: D’Primmen, fir dës ze ënnerstëtzen, hate mir schonns 2011 agefouert. De Marco Schank war dat. Bettel 1 hat se ofgeschaaft, a si féiere se elo erëm als grouss Errungenschaft an. Et muss een awer och soen, datt et och hei kee Schwaarz a Wäiss gëtt. Dat wär näamlech ze einfach! Hei mussen och d’Ëmwelt an de sozialen Impakt bei der Fabrikatioun vun den Elektroautoe berücksichtegt ginn, d’Extraktioun an de Raffinage vu Metaller fir d’Batterien - Kobalt, Lithium -, hiert Asammelen an hire Recyclage, wat ganz dacks Kanneraarbecht ass. Hei musse mer global kucken.

Als CSV soe mer, datt Lëtzebuerg ganz geziilt d’Recherche am Beräich vun alternativen Energiequelle sollt féideren. Et gi jo och nach aner Alternative wéi d’Elektromobilitéit. Ech denken do zum Beispill un de Waasserstoff als Energiequell.

Vu datt e groussen Deel vun den Zäregaser op de Stroosseverkéier zrëckzeféieren ass, sinn am Budget eenzel Mesurë virgesinn, anerer waren an der Diskussioun, awer och hei ass viles nach net kloer:

Den ëffentlechen Transport gëtt gratis. Dat kascht eis alleguer 40 Milliounen d’Joer. Vill méi wichteg wär et allerdéngs, den ëffentlechen Transport esou séier wéi méiglech effikass, séier, zouverlässeg an attraktiv ze maachen, an dat och flächendeckend. Fir d’Gratuitéit ze finanzéiere war d’Reduzéierung vun der Kilometerterpauschal annoncéiert ginn. Wat kënnt hei op eis zou? Am Budget ass näischt ze fannen.

Fir eis als CSV ass et kloer, datt mer doduerjer net kënnen déi Leit am ländleche Raum, wou den ëffentlechen Transport net gutt funktionéiert, déi also net vun der Gratuitéit kënnen profitéieren, zweemol schloen.

Dann huet dës Regierung decidéiert, de Spritt méi deier ze maachen, fir datt eben ëmgeduecht gëtt a puncto Mobilitéit, een Cent um Bensinn, zwee Cent um Diesel. Hei stelle sech awer och d’Froen: Wat bréngt dat der Ëmwelt konkret? Wat bréngt et der Ëmwelt global gesinn? Gëtt doduerch manner Auto gefuer? Gëtt just éierens anescht getankt? Wat bréngt et dem Stat? Wat kascht et de Stat? An hei ginn d’Meenunge ganz wäit ausereen, an och do wäert de Mëtteg de Gilles Roth nach eng Kéier drop agoen.

Den Här Gramegna sot bei RTL, datt Lëtzebuerg mat där liichter Augmentatioun den Ziler aus dem Paräisser Accord méi no kéim. En huet gemengt, duerno misst een da monitoren, an hie sot, et kéim elo net onbedéngt all Joer zu enger Akzisenerhéijung.

Den Här Turmes sot allerdéngs an engem Artikel am „Tageblatt“ vum 27. Mäerz - ech zitéieren aus deem Artikel: „„Meine Aufgabe ist es, das Land ultraeffizient zu bekommen“, so Turmes. Ein Weg dorthin führt über den Geldbeutel der Konsumenten. „Diese Regierung muss die Besteuerung hochfahren“, sagte Turmes. Um zu verhindern, dass empörte Bür-

ger sich der Gelbwesten-Bewegung anschließen, schlägt er „kleine Schritte“ vor. „Wenn die Ökosteuer auf Raten eingeführt wird, werden es die Verbraucher nicht bemerken“, hofft Turmes.“

Dat ass jo emol eng interessant Ausso vum Här Turmes. An dofir eis Fro: Wat heescht „Ökosteuer auf Raten“? Fir eis kënnen e Bild ze maachen, ass och hei Transparenz a Kloerheet gefrot.

Am Klima an am Energiefong sinn da fir 2019 zum Beispill 715 Milliounen als Avoir virgesinn. Mir denken, datt dës Sue sënnvoll am Kampf géint de Klimawandel sollen agesat ginn. An och hei stellt sech d’Fro: Wat huet d’Regierung geplangt, fir ebe grad méi en nohaltegen, ressourcëschronende Wuesstum positiv ze féideren?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir brauche Wuesstum. Mä mir brauchen e Wuesstum, deen de Leit hirem Wuelbefannen eppes bréngt. Deen aktuelle Wuesstum bréngt och ganz vill Problemer mat sech. A mir moossen och zanter 2009 hei zu Lëtzebuerg de PIB du bien-être. Mir moossen hei ganzer 63 Indicateuren an 11 Kategorien, déi do sinn: de Revenu an de Patrimoine, den Emploi, de Logement, d’Santé, d’„work-life balance“, d’Educatioun, d’Lien-socialen, d’Gouvernance, d’Ëmwelt, d’Sécherheet an och de subjektive Bien-être.

Nach emol: D’Wuelbefanne vun de Leit muss am Mëttelpunkt vun der Politik an och vum Budget stoen. Mir riskéieren awer, am Hamsterrad vum Wuesstum ëmmer méi séier mussen ze dréien. Ech erënneren nach eng Kéier un dem Fritz Reheis seng „hannerhålteg Physik“, déi e beschriwwen huet. An da riskéiere mer dann awer iergendwann eng Kéier, wann d’Fliehkraft ze vill staark wierkt, datt mer do erausgeschleiert ginn. An dat ka wéidinn. De Serge Wilmes wäert an deem Sënn eng Interpellatioun iwwert de PIB du bien-être ufroen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir plädéieren als CSV fir eng Politik, fir e Budget, deen d’Wuelbefanne vun de Leit integréiert a

kloer férdert, an net fir nach méi Hamsterrad, wéi gesot, och net fir en neit digitaalt Hamsterrad 2.0.

Ech kommen zrëck bei mäi Bild vum Ufank: D’Hamstere sinn näamlech méi gewëtzt wéi mir Mënschen. Wann et hinnen ze bont gëtt, da klamme si eraus aus dem Hamsterrad. D’Wuelbefannen ass de politesche Schlëssel zum Wuelstand.

Et gëtt do iwwregens an Neiseeland ee schéint aalt Spréchwuert vun de Maori; dat ass u sech déi indigen Populatioun vun där schéiner Insel. An ech mengen, déi Leit, déi Kanner hunn, déi den Disney-Film „Moana“ kennen, wëssen, vu wat ech hei schwätzen. An dëst Spréchwuert huet och grad am digitalen Zäitalter näischt vu senger Richtegkeet verluer: Wat ass dat Wichtigst op der Welt? An d’Äntwert ass net: „De Budget!“, d’Äntwert ass: „Menschen, Menschen, Menschen!“

„Māori“ heescht iwwregens „normal“ oder „natierlech“, also: bei de Leit, sou wéi och d’Politik vun der Regierung misst bei de Leit sinn, wat awer leider dacks net de Fall ass. Derbäi kënnt, datt de Budget och nach op konjunkturellem Dreifsand gebaut ass an domadder alles aneres wéi nohalteg ass. An da sinn d’Weichen am Dreifsand, ech hunn et scho gesot, och nach ouni erkennbart Zil gestallt, ouni genuch Schinnen ze leeën.

Sou kann dat net funktionéieren. Sou kann dat och net funktionéiere mam Wuelstand. An aus all dëse Grënn kënnen mir dem Budget net zoustëmmen.


Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Hansen. Mir fueren de Mëtteg ëm Punkt zwou Auer weider mat den Debatten iwwert de Budget.

D’Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 11.43 heures.)



Présidence : M. Fernand Etgen, Président • M. Mars Di Bartolomeo, Vice-Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
- M. Fernand Etgen, Président
2. 7450 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2019 et modifiant :
1° le Code de la sécurité sociale ;
2° le Code du travail ;
3° la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 (« Abgabenordnung ») ;
4° la loi modifiée du 30 juin 1947 portant organisation du Corps diplomatique ;
5° la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l’impôt sur le revenu ;
6° la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;
7° la loi modifiée du 10 décembre 1998 portant création de l’établissement public dénommé « Fonds d’assainissement de la Cité Syrdall » ;
8° la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l’État ;
9° la loi modifiée du 24 décembre 1999 concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2000 ;

10° la loi modifiée du 22 décembre 2006 concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2007 ;

11° la loi modifiée du 14 décembre 2016 portant création d’un Fonds de dotation globale des communes (suite)

et

7451 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2018-2022 (suite)

et

Programme de stabilité et de croissance (PSC) et Programme national de réforme (PNR) (suite)

- Discussion générale (suite): M. Eugène Berger (interventions de M. Alex Bodry, M. Mars Di Bartolomeo, M. Guy Arendt et M. Serge Wilmes) - M. Alex Bodry (intervention de Mme Octavie Modert) - Mme Josée Lorsché - M. Sven Clement (interventions de M. Mars Di Bartolomeo et M. Charles Margue) (dépôt de la motion 1) - M. David Wagner (interventions de M. Mars Di Bartolomeo et M. Eugène Berger) - M. Gilles Roth (interventions de M. Alex Bodry, M. Pierre Gramegna et Mme Josée Lorsché) - M. Yves Cruchten - M. Henri Cox (interventions de M. Gilles Roth, M. Claude Wiseler, M. Marco Schank et Mme Martine Hansen)

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Romain Schneider, M. Pierre Gramegna, Mme Corinne Cahen, M. Marc Hansen, Mme Taina Bofferding et M. Lex Delles, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech maachen d’Sitzung op.

Huet d’Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Neen, Här President.

M. Fernand Etgen, Président. - Dat schéngt net de Fall ze sinn.

2. 7450 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2019 et modifiant :

1° le Code de la sécurité sociale ;

2° le Code du travail ;

3° la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 (« Abgabenordnung »)

4° la loi modifiée du 30 juin 1947 portant organisation du Corps diplomatique ;

5° la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l’impôt sur le revenu ;

6° la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;

7° la loi modifiée du 10 décembre 1998 portant création de l’établissement public dénommé « Fonds d’assainissement de la Cité Syrdall » ;

8° la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l’État ;

9° la loi modifiée du 24 décembre 1999 concernant le budget des re-

cettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2000 ;

10° la loi modifiée du 22 décembre 2006 concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2007 ;

11° la loi modifiée du 14 décembre 2016 portant création d’un Fonds de dotation globale des communes (suite)

7451 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2018-2022 (suite)

et